turperiod, esou wéi de Regierungsprogramm dat virgesäit, en neit Gesetz ze hunn, mat engem performanten eenzege Rettungswiesen hei zu Lëtzebuerg, wou deen Eenzelnen am Bénévolat an dee Professionellen déi néideg Unerkennung fanne vun hirer Gesellschaft a vun hire Biergerinnen a Bierger.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Innenminister. Wëllt den Här Haagen nach eng Kéier d'Wuert ergräifen? Jo.

M. Claude Haagen *(LSAP), remplaçant Mme Claudia Dall'Agnol.-* Ech wollt just eng kleng Zwëschefro nach stellen, oder nach eng Fro. Et ass ganz einfach, wat d'Responsabilitéit ugeet vun de Buergermeeschteren, déi jo responsabel si fir de Pompjeescorps, wann en Asaz an anere Gemenge kënnt, a wéi wäit d'Responsabilitéit vun deem Buergermeeschter do concernéiert ass, a wéi wäit datt se ka goen.

M. le Président.- Här Innenminister.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.-* Laut Artikel 100 vum Gemengegesetz ass et esou, dass all d'Gemenge mussen hire Corps hunn. An déi zukünfteg Visioun hei vum Rettungswiesen hei zu Lëtzebuerg an déi aktuell gesi vir, dass déi Gemengen déi Hausaufgaben hunn. Dat heescht, dat Zesummespill zwëschent deem engen an deem aneren ass geregelt iwwert d'Gesetz vun 2004. An et ass och ganz kloer, an dat geschitt haut schonn, wann op Plazen, besonnesch am Ambulanzwiesen, Leit feelen, da sprengt een anere Center mat an. Mä dat ass eng Situatioun, déi net gutt ass, déi net gesond ass, an déi riskéiert ass. An dofir hu mer jo schnellstens - wéi ech gesot hunn, hu mer wierklech e Lach gestoppt - 13 Leit agestallt, a mer mussen elo kucken, mat deene budgetären Oplagen, déi mer haut hunn, déi d'Saach net méi einfach maachen, fir weider Leit ze engagéieren a weider e Konzept auszeschaffen, wat effizient ass a wat kohärent ass.

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Domadder wär dëse Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo zu der Diskussioun iwwert de Projet de loi 5899 iwwert d'Assurance accident. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Spautz, Wagner, Braz, Colombera an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

7. 5899 - Projet de loi portant réforme de l'assurance accident et modifiant:

1. le Code de la sécurité sociale;

2. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;

3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État;

4. le Code du travail;

5. la loi du 18 avril 2008 modifiée concernant le renouvellement du soutien au développement rural;

6. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform vun der Assurance accident, déi mer haut hei diskutéieren an iwwert déi mer herno ofstëmmen, ass e ganz wichtege Reformprojet, iwwert dee laang a vill nogeduecht gouf, an deen deementspriechend wichteg Verbesserunge mat sech bréngt.

Et ass eng positiv Reform, an dat souwuel fir d'Salariëën wéi och fir d'Patronen. Fir déi Beschäftegt bréngt dës Reform méi e gerechten, méi en ausgeglachene System, iwwert dee se am Fall vun engem Aarbechtsaccident oder enger aarbechtsbedéngter Krankheet entschiedegt ginn. An d'Patronat - a besonnesch déi Secteuren, déi duerch hir Aktivitéit besonnesch héich Risiken droen an e besonnesch héije Bäitrag bezuele mussen - ka sech iwwer eng besser Organisatioun an e méi solidaresch opgedeelte Finanzement freeën.

Erlaabt mer e puer Wuert zur Geschicht vun der Onfallversécherung am Generellen an zu dëser Reform am Besonneschen. Wien elo um Detail vum Ursprong an der Entwécklung vun der Assurance accident interesséiert ass, deem recommendéieren ech allerdéngs den Exposé des motifs vum Projet de loi. Ech fir mäin Deel wëll hei just erënneren, dass d'Onfallversécherung um Ufank vum leschte Jorhonnert geschafe gouf. Si ass 1903 a Kraaft getrueden an huet uganks just d'Aarbechter couvréiert. Am Laf vun de Joren huet hire Champ d'application sech weider ausgebreet, an ëmmer méi Beschäftegter aus zousätzlechen Aktivitéitsberäicher an ëmmer méi nei Leeschtunge koumen dobäi an och ëmmer méi nei Risike goufen ofgedeckt.

Ech muss dobäi direkt betounen, well dat ass a mengen Aen vun elementarer Bedeitung, dass bei der Onfallversécherung vun Ufank un d'Iddi vun der Schold oder vum Feeler souzesoen ausgeklammert gouf. D'Affer vum Aarbechtsaccident oder seng Famill hat e Recht op Entschiedegung, egal ob d'Accident duerch e schwéieren oder liichte Feeler passéiert war, an och egal ob et dem Patron oder dem Beschäftegte säi Feeler war, deen d'Accident provozéiert huet.

Dir kënnt Iech scho virstellen, dass dës Regelung nëmme mat vill Engagement a vill Gestreits konnt zustane kommen an haut wéi deemools en historeschen Acquis duerstellt.

Am Mäerz 1992 huet d'Regierung de Conseil économique et social, kuerz CES genannt, beoptraagt, d'Onfallversécherung ënnert d'Lupp ze huelen an en Avis iwwer eng eventuell Reform ofzeginn. Well dëse Gremium awer gläichzäiteg nach aner méi urgent Dossieren ze beaarbechten hat, gouf de Sujet vun der Assurance accident eréischt 1996 op de Leescht geholl an e spezifeschen Aarbechtsgrupp vum Wirtschafts- a Sozialrot agesat. No enger ganzer Rei vun Auditiounen, Réuniounen an Diskussiounen huet de CES am Oktober 2001 säin Avis zur Onfallversécherung ofginn.

De Wirtschafts- a Sozialrot huet all d'Aspekter vun der Assurance accident analyséiert an huet als wichtegste Punkt déi forfaitaire Indemnisatioun vun der Incapacité de travail kritiséiert. En huet proposéiert, fir d'Onfallrent wuel bäizebehalen, mä nëmmen nach als Ausgläich, fir den Akommesverloscht ze kompenséieren. Déi aner Aspekter vum Schued, deen de Versécherten ze erdroen hätt, sollten duerch separat Leeschtunge kompenséiert ginn, ähnlech wéi et am Droit commun de Fall ass.

De Projet de loi, dee mer haut virleien hunn, huet effektiv dës Iddi, dës Basisiddi vum Wirtschafts- a Sozialrot iwwerholl, an déi diesbezüglech Ännerunge bei der Indemnisatioun stellen déi wichtegst Neierung bei dëser Reform duer. Ech kommen zu engem spéideren Zäitpunkt vu menger Interventioun nach méi am Detail op dës Neierungen zréck.

Fänke mer awer u beim Champ d'application. Grosso modo kann ee soen, dass déi nei Association d'assurance accident déiselwecht Populatioun ofséchert wéi bis elo, nämlech all Activité professionnelle salariée et non salariée. De Projet de loi hält awer och eenzel spezifesch Fäll mat eran an déi nei Offallversécherung…déi nei Onfallversécherung, pardon!

(Hilarité)

Zum Beispill bénévol Aktivitéiten oder Persounen, déi am Optrag vun internationalen Organisatiounen oder bei Missions d'observation bei Wahlen am Ausland deelhuelen. Déi ware virdrun do net dran.

Eng grondleeënd Ännerung par rapport zu den aktuelle Bestëmmungen huet d'Chamberskommissioun allerdéngs via Amendement erabruecht, andeems se folgenden Iwwerleeunge vum Statsrot Rechnung gedroen huet: Bis elo war d'Assurance accident opgedeelt a Régime général a Régimes spéciaux. Ënner Régimes spéciaux sinn d'Fonctionnairen an d'Employés publics gefall, grad wéi eng ganz Rei vu Persounen, fir déi de Stat am Fall vun engem Aarbechtsaccident opkënnt. Dës Régimes spéciaux sinn dofir besonnesch, well d'Assurance accident sech wuel ëm d'Gestioun gekëmmert huet, de Stat allerdéngs als Patron der Assurance accident just d'Prestatiounen zréckbezuelt huet. De Stat huet sech an där Hisiicht - anescht wéi all aner Patronen - net solidaresch um Finanzement vum ganze System bedeelegt.

An elo huet de Statsrot a sengem Avis fonnt, dass et a sengen Aen nëmme ganz schwéier ze rechtfertege wier, weider de Régime spécial fir d'Fonctionnairen an d'Employéë vum Stat oprechtzeerhalen, an dorun och d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gekoppelt. No Diskussiounen an der Regierung an och an der Chamberskommissioun - woubäi ech just bei deenen engen natierlech derbäi war - hu mer décidéiert, fir dës Régime-spécialen ofzeschafen an en an de Régime général ze integréieren. Dat bréngt fir d'Assuréë keng Ännerung. Dat ass wichteg ze soen: Et dréit fir d'Assuréë keng Ännerungen. De Stat allerdéngs muss sech um Finanzement vum System bedeelegen, wat fir déi aner Patronë bedeit, dass hire Bäitrag natierlech zum Finanzement gläichermoossen erofgeet.

Wat elo d'Prestations en nature ugeet, ass et, wéi et haut och schonn de Fall ass, esou, dass d'Gesondheetskeess an och d'Fleegeversécherung am Prinzip d'Leeschtunge fir déi Leit, déi en Aarbechtsaccident haten, virfinanzéiert, an dass se da vun der Assurance accident remboursëiert ginn.

Ännerunge gëtt et, wat d'Indemnisatioun vun den Dégâts matériels ugeet. Am Kloertext geet et dobäi ëm d'Schied um Auto. Do gouf et ënnert den aktuelle Bestëmmungen ëmmer nees Problemer a ganz cocasse Situatiounen, well déi Indemnisatioun vun Dégâts matériels bei engem Aarbechtsaccident virausgesat huet, dass den Assuré och e kierperleche Schued oder eng Verletzung erlidden hat. Dat ass elo anescht. Hei gëtt elo eng Franchise agefouert an Héicht vun zwee Drëttel vum Mindestloun. Déi nei Bestëmmunge leeën en neie Plafong fest, wat ee maximal als Dégât matériel entschiedegt kritt. Nämlech maximal fënnefmol de Mindestloun fir sougenannten Accidents de trajet a maximal siwemol de Mindestloun fir richteg Aarbechtsaccidenter.

Déi gréissten a wichtegst Ännerunge gëtt et, wéi schonn aganks erwähnt, bei de Geldleeschtungen. Prinzipiell hunn d'Assuréë am Fall vun engem Aarbechtsaccident Recht op déi normal Leeschtungen. Am Privatsecteur kréie si 13 Wochen hir Pai virun, an dovunner bezilt de Patron 20% an d'Mutualité des employeurs 80%. Am Fall vun engem Aarbechtsaccident remboursëiert d'Assurance accident der Mutualitéit dës 80% duerno. Duerno spillt dann am Prinzip dat sougenannte Krankegeld, d'Indemnité pécuniaire, op déi ee während maximal 52 Wochen, dëst no enger Referenzperiod vun 104 Wochen, e Recht huet. An duerno a verschiddene Fäll och méi fréi, huet ee bei enger Incapacité de travail totale Recht op eng ganz Onfallrent.

Dës Onfallrent wäert an Zukunft gläichwäerteg si mam Salaire, deen den Assuré virum Accident krut, well se jo, wéi ech dat schonn aganks erkläert hat, den Akommesverloscht soll ersetzen. A well d'Onfallrent de Revenu soll ersetzen, wäert se och an Zukunft besteiert ginn, an déi normal Soziallaaschte ginn dovunner ofgehalen. Deemno cotiséiert den Assuré virun a seng Pensiounskeess an huet ab dem Pensiounsalter Recht op seng normal Pensioun, esou wéi se ebe gewiescht wier, wann e keen Aarbechtsaccident erlidden hätt. D'Onfallrent fält vun deem Moment un natierlech ewech.

No der Konsolidatioun vum Gesondheetszoustand vum Assuré, deen en Aarbechtsaccident erlidden huet oder un enger aarbechtsbedéngter Krankheet leit, gëtt et verschidde Cas-de-figuren, déi ech hei wëll oplëschten.

Éischt Hypothees: Den Assuré ass aarbechtsonfäeg. An deem Fall kritt de Betraffenen eng Invaliditéitspensioun, déi e mat der ganzer Onfallrent ka cumuléieren, sou dass e keen Akommesverloscht par rapport zu virdru muss erleiden. Bei deem Cumul ännéren d'Bestëmmunge par rapport zu haut iwwregens net.

Zweetens, am Fall vun enger partieller permanenter Aarbechtsonfäegkeet gëllt d'Regel, dass se op d'Mannst muss 10% ausmaachen an dass deen dorunner gebonnenen Akommesverloscht och minimum 10% ausmécht. An deem Fall kritt dann den Assuré eng Rente partielle, fir den Akommesverloscht par rapport zum fréiere Salaire ze kompenséieren. Och op der Rente partielle grad wéi bei der ganzer Onfallrent muss ee Steieren a sozial Cotisatioune bezuelen. Den Assuré baut sech domadder weider, an dat ass wichteg, seng Pensiounsrechter op, déi e vum normale Pensiounsalter un ausbezuelt kritt.

An elo déi drëtt Hypothees, an zwar ass dat déi Hypothees, wann eng Incapacité de travail fir déi lescht Aarbechtsplaz oder de leschten Aarbechtsrhythmus besteet a wann den Assuré op e Reclassement externe waarde muss, da kritt hien eng Rente d'attente vu 85% vun der Rente complète. Dës Rente d'attente ersetzt de Chômage respektiv d'Indemnité d'attente, sou wéi se am Gesetz iwwert de Reclassement virgesinn ass.

Déi aner Schied elo, déi sougenannte Préjudices extra-patrimoniaux, déi ee bei engem Aarbechtsaccident oder enger aarbechtsbedéngter Krankheet erleit, ginn duerch aner separat Leeschtunge kompenséiert. Den Entschiedegungssystem, deen hei agefouert gëtt, réckelt méi no bei den Droit commun, ouni sech awer ganz unzepassen.

Dëse Projet de loi regruppéiert d'Entschiedegung vu verschiddene Préjudicen, déi am Droit commun dacks, mä awer net ëmmer, separat gesi ginn, wéi: D'Assurance accident indemniséiert de sougenannte Préjudice physiologique et d'agrément, deen de moraleschen Aspekt vun der Verletzung vun der physescher Integritéit soll entschiedegen, dat heescht, d'Aschränkunge vun de Méiglechkeete vum Assuré a sengem Alldag. Entschiedegt gëtt den definitive Préjudice physiologique et d'agrément an dat op Basis vun engem offizielle Barème. Dës Entschiedegung gëtt, jee nodeems wéi schwéier dee Schued ass, als eemolegt Kapital ausbezuelt oder bei méi héijen Incapacitéitstauxen all Mount.

Et sief nach gesot, dass mer an der Kommissioun décidéiert hunn, dës Indemnitéiten eropzesetzen. Et besteet nämlech de Risiko, dass duerch e moderne medezinesche Barème, dee soll agefouert ginn, d'Incapacitéitstauxen, déi d'Kontrolldokteren engem zouerkennen, eventuell manner héich ausfale wéi bis elo.

Déi zweet Indemnitéit, déi am Kader vun der Assurance accident an Zukunft wäert ausbezuelt ginn, ass de sougenannte Pretium doloris, oder déi moralesch Entschiedegunge fir déi psychesch a physesch Péng, déi een erleit oder erlidden huet. Dëse Schued an déi doru gekoppelt Entschiedegung gëtt vum Contrôle médical vun der Sécurité sociale opgronn vun enger Skala ageschat a festgeluecht.

An da bleift nach de sougenannte Préjudice esthétique, deen ästhetesche Schued. Och do ass et de Contrôle médical, deen de Préjudice aschätzt an op Basis vun enger Skala d'Indemnitéit determinéiert.

Wéi bis elo soll d'Rente partielle, grad wéi och déi aner Indemnitéiten, kënne révisëiert ginn, wann den Zoustand vum Assuré sech weider verschlechtert, wann deemno den Taux d'incapacité partielle permanente ëm méi wéi 10% eropgeet, a wann een dovunner kann ausgoen, dass dat sech net méi viru verännert. D'selwecht och fir de Fall, wou d'Perte vum Akommes sech bannent dräi Joer nach eemol verännert.

Am Fall vun engem déidlechen Accident hunn déi Hannerbliwwe vum Assuré Recht op eng Iwwerliewensrent, déi zesumme mat der Pension de survie d'selwecht héich ass wéi d'Pensioun, déi se kritt hätten, wann den Assuré bis 65 Joer viru cotiséiert hätt. A bei der Iwwerliewensrent, déi jo och e Revenu ersetzt, ass et nees esou, et ass deen nämlechte Prinzip, dass do d'Steieren an d'sozial Cotisatiounen drop musse bezuelt ginn.

Och fir déi Hannerbliwwe wäert de moralesche Schued an Zukunft separat entschiedegt ginn. D'Héicht hänkt dobäi vum Rapport zum Verstuerwenen of. An Zukunft wäerten, an dat ass net onwichteg, net nëmmen de Conjoint oder de Partner, d'Kanner oder d'Eltere vum Verstuerwenen e Recht op dës moralesch Entschiedegung hunn, mä och déi Persounen, déi zënter op d'Mannst dräi Joer mat him zesummegelieft hunn.

An deem ganze System bleift virun de Prinzip vun der Immunité patronale erhalen. Dat heescht, dass d'Salariéën oder hir Famill kee Recht hunn, fir juristesch géint de Patron oder d'Aarbechtskolleege virzegoen, fir Dommages et intérêts anzekloen. Ausser natierlech, wann déi um Pénal veruerteelt gi wieren, well se den Accident bewosst provozéiert hätten - wat jo Gott sei Dank net oft als Cas de figure virkënnt. Et ass ze hoffen op alle Fall.

Wat d'Organisatioun vun der neier Assurance accident ugeet, esou wëll ech haut op dëser Plaz net am Detail drop agoen. Et sief leedeglech ënnerstrach, dass déi administrativ Organisatioun vereinfacht an ugeglach gëtt un d'Reorganisatioun vun deenen anere Branchë vun der Sécurité sociale duerch d'Aféierung vum Statut unique. Déi fréier Assemblée générale vun de Patrone gëtt ofgeschaaft. D'Gestioun gëtt elo vum Comité directeur assuréiert, mat engem President, dee Fonctionnaire ass, a jee aacht Delegéierte vun den Employeuren a vun de Salariéën. D'Vertrieder vun de Salariéën hunn an zwee Beräicher e Matbestëmmungsrecht, nämlech do, wou et ëm d'Prestatioune geet, an do, wou et ëm d'Preventioun geet.

Wat de Budget vun der Assurance accident ugeet, den Dekont vun de Recetten an den Dépensen, de Bilan, mä och d'Determinatioun vun de Classes de risque an d'Festleeë vun de Risikokoeffizienten an de Cotisatiounstauxen, esou sinn et d'Employeuren, déi zesumme mam President vum Direktiounscomité d'Décisiounen huelen.

Nach e Wuert zum Finanzement vun der Assurance accident. Et bleift e System vun der Répartitioun vun de Chargë mat der Opstellung vun enger Reserv, déi op d'Mannst muss esou héich si wéi d'Zomm vun den Dépensë vum virleschten Exercice. An d'Gestioun vun engem Deel vum Patrimoine kann dobäi dem Fonds de compensation vun de Pensiounen uvertraut ginn.

Am Moment gëtt d'Assurance accident vun de Cotisatioune vun den Employeure finanzéiert. D'Employeure gi jee no Aktivitéit an no Risiko, deen déi Aktivitéitsbranche mat sech bréngt, a verschidde Risikoklassen agedeelt, déi deementspriechend och méi héich oder méi niddreg Cotisatiounstauxen hunn. De Risikokoeffizient, dat heescht de Rapport tëschent den Dépensen an de cotisabele Revenuen an all Klass, soll an Zukunft opgrond vun enger Observatiounsperiod mat Donnéeën op siwe Joer berechent, all Joer nei berechent ginn.

Bis elo gouf e Véierel, also 25% vun den Dépensen, solidaresch vun allen Employeure gedroen, onofhängeg vun der Risikoklass. Den initialen Text vum Projet de loi huet proposéiert, dëse gemeinsamen Taux op 33% eropzesetzen. Nodeems jo décidéiert gouf, fir de Régime special vun de Statsbeamten an de Statsemployéën an de Régime général ze integréieren, an de Stat sech dann eben als Employeur och um solidaresche Finanzement bedeelegt, huet d'Chamberskommissioun d'Décisioun geholl, fir de gemeinsamen Taux op 36% eropzesetzen. Dëst bréngt fir vill Employeure gläichzäiteg eng méi oder manner staark Reduktioun vum Cotisatiounstaux mat sech, dee jee no Risikoklass festgeluecht gëtt.

Mir hunn eis an der Santé-a-Sécurité-sociales-Kommissioun vun der Chamber vill mat der Méiglechkeet vun engem sougenannte Bonus-Malus-System beschäftegt, deen am Projet de loi virgesi war. Duerch e Bonus respektiv Malus ebe fir déi eenzel Entreprisen, ähnlech wéi mer et bei den Autosassurancë kennen, sollten d'Employeuren encouragéiert ginn, fir d'Preventiounsmesuren ze huelen an eng regelrecht Sécherheetspolitik an der Entreprise ze promouvéieren. Dat gouf allgemeng als eng gutt a positiv Iddi begréisst. Allerdéngs läit hei, wéi esou oft, a wéi mer et och schnell gemierkt hunn an der Kommissioun, den Däiwel am Detail!

Et schéngt net esou einfach ze sinn, esou e System op d'Been ze setzen, deen équitabel a gerecht ass, deen net riskéiert, déi kleng Entreprisen ze pénaliséieren an deen och nach net ze vill Verwaltungsopwand mat sech bréngt. Dass dat net esou einfach gemaach wéi gesot ass, weist ënner anerem de Fait, dass esou e System och ënnert der aktueller Legislatioun méiglech a geplangt war. Allerdéngs ass dat Lettre morte bliwwen, well ee sech net konnt iwwert déi praktesch Modalitéite vun esou engem System an déi genee Répercussiounen eens ginn.

Dobäi koum och nach, dass den entspriechenden Textpassage am Projet de loi och net grad op Géigeléift beim Conseil d'État getraff ass, deen an deem Zesummenhang, wéi e sot, eng méi konkret a strukturéiert Propositioun erwaart hat. D'Chamberskommissioun huet doropshin, op Propos vun der Regierung, en Amendement ugeholl, deen de Kritike vum Statsrot Rechnung dréit an dee weider awer d'Méiglechkeet opléisst, fir an Zukunft op de Wee vun esou engem Bonus-Malus-System ze goen.

Eng kuerz Remarque zu der Preventioun vun den Aarbechtsaccidenter. Si ass a bleift eng elementar wichteg Missioun vun der Assurance accident. Et ass aus juristesche Grënn an Zukunft net méi méiglech, dass d'Assurance accident, wéi ursprünglech virgesinn a wéi et de Moment de Fall ass, weiderhin d'Preventiounsreglementer hëlt. Et sinn dohier Recommandatiounen. Et ass och esou, dass a Saache Preventioun d'Zesummenaarbecht an d'Aneneegräife vun de verschiddene kompetente Plaze muss organiséiert an optiméiert ginn, ënner anerem d'Kollaboratioun an d'Ofstëmmung mat der Inspection du travail et des mines.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi mëndleche Rapport, grad wéi och dee schréftleche Rapport, deen Iech virläit, weist Iech bestëmmt, dass mer et hei mat engem zimlech komplizéierte Sujet ze dinn hunn an och mat enger ganz komplexer Matière. Déi zoustänneg Chamberskommissioun, där hir Presidentin ech d'Éier hunn ze sinn, huet sech an net manner wéi zéng Réunioune mat dësem Projet de loi befaasst. Mir hunn d'Experten aus dem Ministère an de Verwaltunge gehéiert, an déi ausféierlech an dacks ganz technesch Avise vum Statsrot a vun de Chambres professionelles am Detail analyséiert an diskutéiert. Et sief hei bemierkt, dass dëse Reformprojet am Groussen a Ganzen iwwerall positiv opgeholl ginn ass, an dat schwätzt sécherlech fir de Projet selwer.

D'Reform vun der Offall... - oh, et wäert jo awer net - d'Reform vun der Onfallversécherung, déi mat dësem Projet de loi duerchgefouert gëtt, bréngt wesentlech Virdeeler a Verbesserungen, virun allem, wat d'Entschiedegung fir den Assuré ugeet. Deen neie System erlaabt eng moossgeschneidert, op deen eenzelne Fall zougeschnidden Indemnisatioun, wat bis haut eben net de Fall war. Dat ass, mengen ech, déi ganz grouss a wesentlech Verbesserung.

Positiv schéngt mer och, dass de Finanzement vun der Onfallversécherung an Zukunft méi solidaresch wäert organiséiert ginn. Et ass kloer, dass et och weiderhi Betriber wäert ginn, déi méi Risiken droe wéi en aneren, mä et schéngt mir awer grad esou evident ze sinn, dass op d'Mannst en Deel vun deene Risiken och vun der Allgemengheet soll a muss matgedroe ginn.

Här President, an deem Sënn kann een ouni ze iwwerdreiwe soen, dass d'Reform vun der Assurance accident e Meilesteen an der laanger Geschicht vun der Lëtzebuerger Onfallversécherung duerstellt an och weiderhin en onverzichtbaren Acquis an eiser Gesellschaft duerstellt.

Ech wëll duerfir ofschléissend den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Projet mat op de Wee ginn an och nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Kolleeginnen a Kolleege vun der Gesondheets- a Sozialkommissioun meng Unerkennung auszedrécke fir déi gutt Aarbecht an Zesummenaarbecht.

An Iech e grousse Merci fir d'Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen der Madame Rapportrice Merci, an als éischte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eppes virewech, am Ufank vun der Sitzung huet et geheescht, et misst een dat vum Ordre du jour huelen an et wier ni..., oder et misst ee sech d'Fro stellen, ob et an där Form nach kéint diskutéiert ginn. An do ass gesot ginn, et wier ni an der Kommissioun doriwwer geschwat ginn.

De Procès-verbal vun der Sitzung vum 28. Januar, dee veröffentlecht ginn ass a guttgeheescht ginn ass an der Sitzung vum 4. Februar, do steet grouss dran an engem Abschnitt: «Suite à une question concernant l'amendement adopté au cours de la dernière réunion...» - an esou weider an esou fort - «...il n'a pas été possible d'obtenir l'adhésion consensuelle des employeurs à ce moment.» Duerfir kann een ni soen, dass awer net an der Kommissioun sech domadder beschäftegt ginn ass mat dem Taux unique, esou dass déi Duerstellung awer net deem entsprécht, wéi dat am Ufank vun der Sitzung gesot ginn ass. An déi Piècen, wou ech elo soen, déi fënnt een um Site vun der Chamber, an et ass de Procès-verbal vum Martin Bisenius vum 4. Februar 2010, wou dat och esou drasteet.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Et ass net zréckbehale ginn an et stoung net…

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Neen, et steet awer am Procès-verbal.

M. le Président.- Elo huet den Här Spautz d'Wuert, Här Wagner, a wann Dir wëllt, kënnt Dir duerno derzou Stellung huelen.

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänke wëll ech awer elo der Rapportrice villmools Merci soe fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport, an awer och fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Santéskommissioun bei dësem dach, wéi si et och scho gesot huet, technesch schwéieren a komplizéierte Projet. Si huet e klengen Historique gemaach, wéi dat ugaangen ass vun 1901 bis haut, an dass duerno ëmmer méi Entreprisë bäikomm sinn, an dass et eréischt richteg nom Zweete Weltkrich war, mam Gesetz vun 1946, dass d'Assurance accident och obligatoresch ginn ass fir d'Entreprises commerciales. An duerno goufen all Kéiers nach ganz vill Verbesserunge gemaach. Ech wëll awer och drop hiweisen, dass vun Ufank un d'Abstraktioun vun der Notion de faute gemaach ginn ass: D'Affer vun engem Aarbechtsaccident hat also e Recht op Entschiedegung, egal wat de Grond a wie responsabel vum Accident war.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mir och kuerz e Bléck op d'Situatioun an eisen Nopeschlänner. An enger Etüd vun dem franséischen Organisme EUROGRIP ënnerscheet een tëschent dräi Gruppe vu Länner.

Déi éischt Grupp, zu där nieft Lëtzebuerg och Däitschland, Éisträich, d'Belsch, Spuenien, Frankräich a Portugal gehéieren, accordéiert momentan eng global Entschiedegung vum professionelle Préjudice; dëst prinzipiell op Basis vun engem medezinesche Barème.

Eng zweet Grupp mat Finnland, Dänemark, der Schwäiz, Schweden, Italien ënnerscheet, wat d'Entschiedegungen ugeet, tëscht dem Lounausfall, Perte de capacité de gain, an dem physiologeschen, also dem kierperleche Schued. Déi Capacitéit, fir ze schaffen, déi bei der Victime nach iwwreg bleift, gëtt individuell en fonction vun der Ausbildung, de professionelle Fäegkeeten, dem Montant, de Verletzungen an der Méiglechkeet sech dësen unzepassen, evaluéiert. Wat elo d'Entschiedegung vum physiologesche Préjudice ugeet, esou gëtt et vu Land zu Land Ënnerscheeder vun deenen Type vu Schied, déi mat abezu ginn, wéi zum Beispill d'Liewensqualitéit, d'Ästhetik, mä et ass esou, dass d'Indemnisatioun fir den entstanene kierperleche Schued ëmmer déiselwecht ass, an net vum Accident oder dem Akommes, dat heescht der Pai vum Affer ofhänkt.

Eng drëtt Grupp, bestehend aus England an Irland, gesäit d'Aarbechtsonfäegkeet, d'Rent just vir als Reparatioun vun engem Verloscht, vun engem kierperlechen oder mentale Schued. No dësem kuerzen Ausfluch awer eng Kéier, fir och ze weisen, dass an Europa, an eisem gemeinsamen Europa dach awer nach en Ënnerscheed besteet an der jeweileger Uwendung, wéi d'Assurance accident a wéi d'Onfäll am Allgemengen diskutéiert ginn, wëll ech dann elo zum Projet vun haut kommen.

Wéi d'Madame Mutsch et schonn ënnerstrach huet, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, stoung an der Regierungserklärung vun 2004 d'Absicht, dass am Beräich vun der Assurance accident missten Adaptatioune virgeholl ginn, a während laange Joren huet de Conseil économique et social, deen den Optrag kritt hat vun der Regierung, probéiert en Avis auszeschaffen, wou och ee vun eise Kolleegen, den Ali Kaes, deemools am CES aktiv un deem Dossier matgeschafft huet, fir déi Propositioun op de Wee ze bréngen.

Ier ech elo awer an den Detail vum Dossier iwwerginn, wëll ech op dëser Plaz och eng Kéier kuerz op d'Hannergrënn vun den Accidenter a Krankheeten hiweisen. Fréier huet éischter de kierperlechen Drock zu Krankheet an Accidenter gefouert, woubäi haut ëmmer méi oft déi moralesch, d'psychesch Laascht, a moderner Form Mobbing genannt, iwwerweit. Dëst gëllt souwuel am private wéi och am beruffleche Beräich, a ganz vill Accidenter geschéien aus där Ursaach. An nach ëmmer gëtt et Betriber, déi dësen Drock bei hire Leit provozéieren. Hei ass et wichteg - an duerfir och en Appel vun dëser Plaz aus un de Gesondheetsminister -, dass mer och iwwer e Gesetz vum Anti-Mobbing nodenken, wou och do verschidde Strofen, déi géifen ausgeschwat ginn, der Assurance accident géifen zougefouert ginn, well duerch dee Murks an dee Stress, deen entsteet, geschéien och Aarbechtsaccidenter.

De Projet de loi ass am Juli 2008 déposéiert ginn. Dat ass net méi duergaang, fir déi parlamentaresch Aarbecht an der leschter Legislaturperiod ze bréngen, esou dass och an der Regierungserklärung vum 29. Juli 2009 nach eemol ënnerstrach gouf, dass d'Reform vun der Assurance accident soll virugedriwwe ginn an zu engem Enn gefouert ginn. An de leschte Méint hu mir nach vill dru geschafft, an elo si mer esou wäit, dass mer dëse Projet haut kënne stëmmen.

Wat sinn elo déi grouss Neierungen am virleiende Projet, par rapport zu der Législatioun, wéi mer se bis elo haten? Duerch de Projet de loi, iwwert dee mir elo hei schwätzen, gi sämtlech Dispositiounen aus dem Buch 2 vum Code des assurances sociales vu Grond op iwwerschafft. Säit 1925 hat de Code des assucances sociales seng initial Struktur behalen, och wann duerno eng Hällewull vu punktuellen Adaptatioune virgeholl goufen.

Wat den Uwendungsberäich betrëfft, esou war et u sech net virgesinn, dass do esou vill sollt geännert ginn, awer am Laf vun den Aarbechten huet d'Chamberskommissioun awer décidéiert, dem Statsrot Recht ze ginn, an de Régime spécial fir d'Fonctionnairen an d'öffentlech Employéën ofzeschafen.

Bis elo hunn déi sougennante Régime-spécialen d'Statsbeamten an d'Employéë couvréiert. Ënnert dës Kategorië sinn och aner Leit gefall, fir déi de Stat de Finanzement vun der Assurance accident iwwerholl

huet, wéi zum Beispill Schüler a Studenten, d'Leit, déi am Kader vun enger Mise au travail beschäftegt sinn, d'Prisonéier, etc., fir elo emol nëmmen déi ze nennen.

D'Prestatiounen, déi un dës Leit ausbezuelt ginn, ginn duerno vum Stat rembourséiert, deen als Employeur net um solidaresche Finanzement matmécht, esou wéi et vun allen aneren Employeure vum Régime général verlaangt ass. Als Erklärung: De Régime général deckt sämtlech bezuelten an net bezuelte professionell Aktivitéiten of, souguer déi Persounen, déi just eng Geleeënheetsaarbecht oder enger eemoleger Aktivitéit noginn. Hei ginn och d'Affer vun den Aarbechtsaccidenter, déi bei Schwaarzaarbecht geschitt sinn, mat a Betruecht gezunn.

Op den Avis vum Statsrot hin, deen der Meenung war, dass et schwéier novollzéibar wier, firwat de Régime spécial fir d'Statsbeamten an d'Employéë sollt bäibehale ginn, hu mir eis an der Chamberskommissioun ausféierlech mat dësem Problem beschäftegt, an de Minister stoung eis och an all deene Punkte Ried an Äntwert, an hunn duerno décidéiert, de Régime spécial falen ze loossen, esou dass d'Statsbeamten an d'Employéën zukünfteg am Régime général integréiert ginn.

Ech wëll och do nach ënnersträichen, dass de Bureau international du travail vu Genève dat schonn öfters gefuerdert huet, dass bei der Diskussioun vun der Aféierung vum Statut unique op déi Punkten do higewise ginn ass, an dass och bei der Reform vun der Gewerbeinspektioun schonn deemools am Avis vum Conseil d'État stoung, et misst een och driwwer nodenken, ob all déi Bestëmmunge vu Santé, Sécurité dans la fonction publique an dat vun der ITM, ob dat net ënner eng Kompetenz misst falen, well do och nach den Ënnerscheed war, ob et Aarbechter waren, déi privat assuréiert waren, oder ob et Fonctionnairë waren, sou dass dat eng logesch Schlussfolgerung wier. An déi Kolleegen, déi scho méi laang derbäi si wéi ech, wëssen, dass de Stat schonn oft op déi Onzoulänglechkeete vun deenen ënnerschiddleche Statuter higewisen huet.

Och ännert de Champ d'application. Ënnert d'Ännerung vum Champ d'application fält d'Problematik vum Bénévolat. Ech soe ganz bewosst d'Problematik, wuel wëssend dass et net de Bénévolat ass, dee problematesch ass, mä d'Couverture vun deene Leit, déi sech bénévol engagéieren. Et handelt sech heibäi ëm e ganz vaste Feld, dat vu Sportsveräiner bis d'Protection civile a Pompjéeë geet. D'Fro, déi ee sech do stelle muss, ass déi, wou de Bénévolat ufänkt an ophält. Et gëtt einfach keng kloer ofgegrenzten Definitioun vum Bénévolat. Och ass et esou, dass zum Beispill verschidden Aktivitéiten, am Beräich vum Sport, vu Privatversécherunge couvréiert sinn.

Ouni dass ech elo hei op déi ganz Thematik am Detail kann agoen, wëll ech ënnersträichen, dass et wichteg ass, dass mir eppes fir de Bénévolat maachen, an dass d'CSV et ausdrécklech begréisst, dass d'Assurance accident fir de Bénévolen am Beräich vun de Services de secours souwéi an de sozialen, sozioéducativen an therapeuteschen Domäne bei engem staatlech agrééierten Organismus gëllt. Momentan ass et net méiglech, de Bénévolat nach méi opzemaachen, well, wéi scho gesot, et schwéier ass, de gesamte Bénévolat als solchen ze erfaassen. De Conseil supérieur vum Bénévolat ass awer gebiede ginn, e Bilan opzestellen iwwert d'Accidenter bei sämtlechen Aktivitéiten, fir dass mer domadder spéiderhin déi Lacunë kënne riichtbéien.

Méi substanziell Ännerunge gëtt et och am Beräich vum Finanzement an der administrativer Organisatioun vun der Assurance accident. Bäibehale gëtt awer de System vun de Chargen, d'Verdeelung vum Uleeë vun enger Reserv. Aktuell ass et jo esou, dass de Régime général integral duerch d'Cotisatioune vun den Employeure finanzéiert gëtt, ofgesi vun de Revenuen, déi aus de Placementer vun de Reserve kommen.

Et ass esou, dass momentan d'Cotisatiounstauxe jee no Risikoklass variéieren, deen op Basis vun engem Risikokoeffizient berechent gëtt. Den déifsten Taux ass de Moment 0,45%, deen ass fir e Secteur, deen de Moment zwar och e bëssen ugeschloen ass, wéi zum Beispill d'Loftfahrt, Radio an Telekommunikatioun, Theater. An deen décksten, deen hu mer mat 6%, dat ass fir den Daachdecker an d'Blechleeër, déi ganz uewen um Daach sëtzen. Dass do de Risiko méi grouss ass wéi bei deenen aneren... Esou dass Der gesitt, dass do insgesamt de Moment en Ënnerscheed vu 5,55% besteet tëschent deem mannsten an deem décksten Taux. Mam aktuelle Projet gëtt d'Beobachtungsphas, unhand vun där de Cotisatiounstaux berechent gëtt, vun engem op siwe Joer eropgesat. Trotzdeem kann en awer weiderhin op annueller Basis refixéiert ginn.

Säit Jorzéngten ass e Véierel vun den Ausgabe vum Régime général uniform vun der Cotisatioun gedroe ginn, egal wéi enger Klass een ugehéiert huet. Doduerch, dass de Régime spécial, wéi ech virdrun erkläert hunn, jo elo fale gelooss gëtt, bedeelegt sech de Stat vun elo un och un der Finanzéierung, wat zousätzlech Cotisatioune generéiert. Dëst erlaabt et, d'Part de financement solidaire op 36% ze erhéijen, wat zu enger Baisse vun de Cotisatiounstauxe jee no Risikoklass féiert.

Eng weider Neierung ass eng Zort Bonus, Malus, fir d'Entreprisen ze sensibiliséieren, genuch Virsiichtsmoossnamen ze huelen am Beräich vun der Preventioun vun den Accidenter. Heizou gouf et verschidde Kritike säitens der Chambre de Commmerce an der Chambre des Métiers. De Statsrot hat och e puer Umierkungen, huet d'Iddi u sech awer begréisst. D'Chamberskommissioun huet, wéi d'Madame President et scho gesot huet, doropshin Amendementer formuléiert, déi de Bedenke vun deem Rechnung gedroen hunn.

Ech wëll awer nach eemol op dëser Plaz dovu profitéieren, fir ze ënnersträichen, dass der Preventioun géint Aarbechtsaccidenter eng méi wichteg Roll muss zoukommen, notamment och bei deene klengen a mëttelstänneschen Entreprisen. Heiwéinst huet d'Assurance accident d'Méiglechkeet, Recommandatiounen am Beräich vun der Preventioun ze ginn.

Déi wichtegst Ännerunge betreffen d'Prestations en espèces. Esou wéi den CES et a sengem Avis proposéiert hat, a wéi et och an aneren européesche Länner de Fall ass, geet et drëms, d'Indemnisation forfaitaire, déi eenzeg an eleng op der Rente accident baséiert, duerch eng méi komplett Entschiedegung vun deene verschiddene Préjudicen ze ersetzen, esou wéi et och am Droit commun de Fall ass.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, nei ass, dass d'Indemnitéiten am Fall vu Materialschued geännert ginn. Bis elo war dat bei engem Aarbechtsaccident just méiglech, wann och e kierperleche Schued mam Materialschued verbonne war. Deen neien Text setzt eng Franchise fest, fir d'Schied un den Autoen ze ersetzen, an hieft de Plafong vun den Entschiedegungen och un, ouni dass et awer wäert méiglech sinn - ech hat de Moien um Radio esou eng Remarque héieren -, dass och elo Luxuskarosse géifen integral vun der Assurance accident ersat ginn.

Dann ass et d'Indemnisation de la perte de revenu. Deen neien Text gesäit vir, de Lounausfall an aner Préjudicë méi no ënnert den Droit commun erauszeféieren, esou wéi et schonn an anere Länner de Fall ass. D'Madame Mutsch huet an hirem schréftlechen a mëndleche Rapport dës Neierung schonn ausféierlech beliicht, esou dass ech nach just kuerz drop wëll agoen.

Déi wichtegst Innovatioun ass sonner Zweifel déi separat Evolutioun an der Indemnisatioun vun der Rente accident an dem effektive Lounausfall. Wann de Seuil vun 10% vun der Incapacité de travail partielle permanente - an den Ofkierzungen an den Dokumenter ass dat den IPP - errechent gëtt, da gëtt dat am Droit commun Perte de revenue gekuckt am Verglach mat dem Revenu an der Referenzperiod virum oder nom Accident. Dir gesitt, wéi komplizéiert an technesch de Projet ass.

Da gëtt et d'Rente partielle: Si entschiedegt exklusiv de Lounausfall, deen duerch en Aarbechtsaccident oder eng Maladie professionnelle bedéngt ass. Si gëtt bezuelt vun deem Moment un, wou d'Aarbecht erëm opgeholl gëtt, bis zu der Pensioun. Si ass besteiert an ënnerläit de Cotisations sociales, sou dass den Assuré duerno seng Pension de vieillesse kritt, esou wéi wann hie keen Accident gehat hätt.

D'Articulatioun an der Legislatioun iwwert de Reclassement: Wann e Versécherten no engem Accident oder enger Krankheet aarbechtsonfäeg ass a vun engem Reclassement interne oder externe profitéiert, kritt hien eng Rente partielle vun der Assurance accident. Déi Indemnité compensatoire ersetzt d'Differenz tëschent där aler an där neier Pai.

D'Indemnisation des préjudices extra-patrimoniaux: D'Assurance accident entschiedegt mat zwou verschiddene Prestatiounen: fir engersäits den effektive Lounausfall an anerersäits déi sougenannte Préjudices extra-patrimoniaux, also déi net verméigensrechtlech Préjudicë vum kierperleche Schued. Dëst ass méiglech, wann no engem Accident oder enger Maladie professionnelle den Assuré permanent eng ganz oder deelweis Incapacité de travail opweist. Wéi am Droit commun gëtt d'Affer hei entschiedegt fir d'Préjudicen, déi keng direkt wirtschaftlech Inzidenzen hunn, déi mat Geld ze moosse sinn, fir dat ze wieren. Hei gëtt tëschent dräi verschiddenen Indemnitéiten ënnerscheet: - éischtens d'Indemnité psychologique et d'agréments, de Pretium doloris, also de moralesche Schued, an den ästhetesche Schued, deen Accidenter kënne mat sech bréngen.

Wat de Volet vun de Méiglechkeete vun der Revisioun vun den Indemnitéiten an de Recoursméiglechkeete géint Tiers-responsabler ugeet, esou wëll ech op dëser Plaz net drop agoen. Mä dat steet alles am Rapport.

Am Fall vun engem déidlechen Accident hunn déi Hannerbliwwen e Recht op eng Rente de survie, déi zesumme mat der Pension de survie den Niveau vun der Pensioun errechent, dee se kritt hätte fir de Fall, wou e verstuerwenen Assuré bis zum Schluss cotiséiert hätt. Och de moralesche Schued vun deenen Hannerbliwwene kann duerch e Forfait entschiedegt ginn.

D'CSV begréisst, dass an Zukunft net nëmmen de Conjoint, de Liewenspartner, d'Kanner an d'Elteren dovu profitéieren, mä och aner Persounen, ënnert der Konditioun, dass se op d'mannst dräi Joer an engem Stot - enger Communauté domestique - mam Verstuerwene gewunnt hunn.

Da gëtt et nach d'Immunité patronale. Am Prinzip kënnen d'Salariéen an hir Ayants droit oder Ierwen net juristesch géint hire Patron virgoen, fir deen op Schuedenersaz ze verkloen.

Administrativ gesi gesäit dëse Projet de loi en Alignement vun der Assurance accident op de Modell vun all deenen aneren Institutiounen an der Sécurité sociale vir.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eppes wat dann am Virfeld schonn eng Kéier diskutéiert gi war, dat ass déi Fro, déi ee sech ka stellen: Schonn 2006 - an der deemoleger Tripartite - ass schonn eng Kéier dovu geschwat ginn, fir en Taux unique anzeféieren an der Assurance accident. Deemools war den Taux net 0,45 bis sechs, mä et war 0,55 bis sechs. An do huet et sech erausgestallt, dass, wann een en Taux unique géif rechnen, dass dee bei 1,15 bis 1,25% géif fir sämtlech Betriber leien. An elo, wou de Spezialregime mat integréiert ass, misst d'Moyenne theoretesch nach méi wäit erofgoen, wéi déi 1,15 oder 1,25%, déi deemools gerechent gi sinn. An ech mengen, et wier sécher - an et ass jo och schonn esou dat eent oder dat anert duerchgedrongen -, wéi wann et gutt wier, och wa mer elo dee Projet hei verabschieden, dee jo den 1. Januar 2011 a sengem vollen Ëmfang eréischt soll zur Geltung kommen, dass, wann an Zwëschenzäit nach eppes géif geschéien un de Cotisatiounen, dass dat doudsécher ze begréisse wier an dass mer dat nach kënne maachen.

Mä et soll een all déi aner Phasen, déi dat positivt Gesetz drophuet, elo scho kënne stëmmen, fir dass och d'Verwaltungen an d'Betriber d'Méiglechkeet hunn, sech elo scho mat deem neie Gesetz virzebereeden, d'Prévention d'accidents an déi Richtung ze maachen. Well et ass awer och sécher, wa mer géifen en Taux unique kréien, dat géif virun allem déi aarbechtsintensiv Betriber terribel entlaaschten. Dat wier eng gutt Saach fir de Bau. Dat wier eng gutt Saach fir d'Handwierk. Well do géifen d'Charges patronales erofgoen.

Wa mir haut de Projet stëmmen, esou maache mir ganz vill Verbesserungen. Wéi gesot, ech hoffen och nach ëmmer, dass mer et och nach virum 1. Januar 2011 fäerdeg bréngen, um Taux eppes ze ännéren. Mä ech wëll awer elo schonn, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, heimadder den Accord gi vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet, an dat am Intérêt vun allen Assuréën.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- An ech soen dem Här Marc Spautz Merci. An als nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5899, dee mer haut stëmme sollen a mat deem eng ëmfaassend Reform vun der Assurance accident an d'Weeër soll geleet ginn, huet en fait eng ganz laang Virgeschicht. Schonn 1992 hat d'Regierung eng Demande un de Conseil économique et social geriicht, fir sech Gedanken ze maachen iwwer eng méiglech Reform. Et huet also bal - kann ee soen - 20 Joer gedauert, ier mat dem Dag vun haut dëse Prozess - „hätt sollen" soen ech - ofgeschloss sinn.

Gläichzäiteg ginn awer mat deem virleienden Text och verschidden Adaptatioune virgeholl, déi sech am Laf vun der Zäit duerch eng Rëtsch vu Verännerungen an der Beruffs- an Aarbechtswelt opgedrängt hunn. D'Aarbechtsbedéngunge sinn haut ganz anescht wéi elo beispillsweis viru Jorzéngten, wou deemools vill méi Leit enger kierperlecher Aarbecht nogaange sinn. Et däerf een nämlech net vergiessen, dass dat ursprünglecht Gesetz aus dem Joer 1902 staamt. Dëst gouf 1925 duerch de Code des assurances sociales ersat. Allerdéngs huet dëst Gesetz seng Grondstruktur zënterhier trotz punktuellen Adaptatioune kaum verännert. Deemno ass et ouni Zweifel net vu Muttwëll, wann d'Assurance accident enger Reform ënnerzu gëtt.

De virleiende Projet de loi ass e komplexen, komplizéierten an immens technesche Projet. An hirem Rapport ass déi honorabel Madame Mutsch schonn op villes agaangen an huet déi wesentlech Ännerungen a Verbesserungen explizéiert. Ech wëll mech dofir a menger Interventioun just op e puer Punkte beschränken.

Här President, am ursprünglechen Text, wéi e vun der Regierung déposéiert ginn ass, war net virgesinn, dass och d'Statsbeamte sollten an dee generelle System vun der Assurance accident falen. Si sollten hire spezielle Regime behalen. Well awer de System vun den Indemnisatioune geännert gëtt an a groussen Deeler dem Droit commun ugepasst gëtt, huet de Statsrot a sengem Avis gemengt, dass e spezielle Regime fir d'Statsbeamten net méi ze justifiéiere wier.

D'Kommissioun huet sech vum Statsrot sengen Argumenter iwwerzeege gelooss - awer och, well de Risiko vun enger Opposition formelle gi war - a sech also där Meenung ugeschloss, sou dass et elo nëmmen nach een eenzege Regime vun der Assurance accident gëtt fir alleguerten d'Beschäftegter, egal ob aus dem privaten oder dem öffentleche Secteur. An deem Kontext wëll ech drop hiweisen, dass d'Aglidderung vun de Fonctionnairen an de generelle System awer eleng fir d'Gemengen eng finanziell Charge vu plus ou moins 1,25 Milliounen Euro duerstellt.

Här President, dëse Projet ass nach net evakuéiert a scho soll nees eppes un de Modalitéite vum System geännert ginn. Ech war aganks schonn drop agaangen, well net méi spéit ewéi gëscht den Owend huet de Premierminister nämlech schonn nees eng weider Reform vun der Assurance accident ugekënnegt. An zwar soll en eenheetleche Cotisatiounstaux fir all Betriber agefouert ginn, wat géif bedeiten, dass den Taux bei de Banke géif eropgesat ginn

a parallell dozou dee vum Mëttelstand géif entlaascht ginn.

Ech muss soen, d'Demokratesch Partei begréisst sécherlech dës Entlaaschtung vun eise mëttelstännegen Entreprisen an déi domadder verbonnen Opwäertung vun de manuelle Beruffer. Ouni d'Detailer an déi genau Zuelen genau ze kennen, muss ech awer soen, dass et schwéier ass, hei eng definitiv Ausso ze maachen.

Och wësse mer nach net, wéini dës Reform dann iwwerhaapt soll kommen. Et ass elo vum 1. Januar geschwat ginn, mä dat war méi hoffnungsvoll ausgedréckt ginn. Vläicht kann den Här Di Bartolomeo eis herno a senger Interventioun op déi dote Froen äntwerten. Mir si gespaant op déi Äntwerten, Här Minister, dat ëmsou méi, wéi mer den Donneschdeg heivunner absolut nach keng Ahnung haten - vun der Ukënnegung schwätzen ech vum Premierminister vu gëscht den Owend.

Här President, dat gréisst Innovatiounselement vum virleiende Projet besteet awer ouni Zweifel an der Reform vun den Indemnisatiounen. Sou wéi de Conseil économique et social dat a sengem Text proposéiert hat, an esou wéi d'Assurance accident an deene leschte Joren och an aneren europäesche Länner reforméiert ginn ass, gëtt d'Indemnisation forfaitaire - déi sech eleng op der Rente d'accident baséiert huet - duerch eng méi differenzéiert Entschiedegung vun deenen eenzelnen Aarte vu Schied materiell oder physesch ersat.

Ouni nach eng Kéier wëllen an den Detail ze goen, ass et awer wichteg ze ënnersträichen, dass d'Assurance accident an Zukunft wäert mat ënnerscheedleche Prestatiounen de Lounausfall respektiv all aner materiell Perten, déi duerch en Aarbechtsaccident entstane sinn, indemniséieren. Dëst ass an eisen Aen, an den Ae vun der Demokratescher Partei, ouni Zweifel déi richteg Approche, fir déi Betraffe kënne méi genee op de vun hinnen erliddene Schued ze entschiedegen.

D'DP begréisst dofir ausdrécklech dës nei Elementer am Regime vun der Assurance accident. Gläichzäiteg hoffe mer awer och, dass déi nei Dispositiounen a besonnesch déi nei Kritären, wéi déi eenzel Indemnisatioune sollen ausgerechent ginn - an et sinn der eng ganz Rei -, net dozou féiere wäerten, dass déi betraffe Leit musse laang op hir Sue waarden.

Insgesamt kann ee festhalen, dass deen neien Indemnisatiounssystem eng kloer Verbesserung fir déi Betraffe mat sech bréngt. Och wann deen een oder anere méi klenge Schued net méi wäert ganz rembourséiert ginn, ginn dach awer gréisser Schied an Zukunft vill besser ofgedeckt.

Här President, 2008 gouf et hei zu Lëtzebuerg 27.700 Aarbechtsaccidenter, dovunner 18 déidlecher. All Aarbechtsaccident ass net nëmmen en Accident ze vill, mä hannert dësen Zuele verstoppe sech oft ganz tragesch Schicksaler. Ëmsou méi wichteg sinn dofir fir eis als Demokratesch Partei all preventiv Moossnamen an dësem Beräich.

Mir begréissen dofir beispillsweis och déi rezent Initiativ vun der Association d'assurance accident, fir e Prix prévention an d'Liewen ze ruffen, mat deem d'Entreprisë fir hir Beméiunge fir méi Sécherheet a besser Aarbechtskonditioune sollen ausgezeechent ginn. D'Preventioun an d'Sensibiliséierung ginn ëmmer nees gären als wichteg Elementer an der Beméiung fir besser Aarbechtskonditiounen a méi Sécherheet op der Aarbecht gefouert. Allerdéngs gesäit et bei der konkreter Ëmsetzung vun esou enger preventiver Politik um Terrain ganz oft anescht aus.

Esou konnt ee virun e puer Deeg an der Press liesen, dass et bei der ITM géif u Personal feelen. Zwar ass d'Zuel vun den Inspekteren duerch d'Reform vun dëser Administratioun eropgesat ginn. Allerdéngs kann offensichtlech nëmmen e ganz klengen Deel vun dëse Leit och wierklech um Terrain aktiv sinn. Et wier wierklech bedauerlech, wann duerch eng mangelhaft Gestioun vum Personal vun der ITM d'ITM hirer wichteger Kontrollmissioun net kéint esou nokommen, wéi dat misst de Fall sinn.

Här President, ofschléissend wëll ech et awer net verfeelen, fir der Rapportrice, der honorabeler Madame Lydia Mutsch, fir hiren ausféierleche mëndlechen an och exzellente schrëftleche Rapport Merci ze soen. Domadder ginn ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Här Carlo Wagner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt elo d'Wuert.

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech wëll och direkt der Rapportrice, der Madame Mutsch, Merci soe fir hire Rapport. Si war ganz detailléiert a ganz prezis. Och de Kolleeg Spautz huet nach eng Kéier quasi e bis-Rapport vum Projet de loi gemaach, vläicht och nach eenzel Aspekter beliicht, déi virdrun net beliicht waren, sou dass ech mengen - wéi de Kolleeg Carlo Wagner - eigentlech méi kuerz kënnen ze bleiwen, fir elo net nach eng Kéier - fir d'drëtt oder fir d'véiert - Saachen, wou mer eis an der Kommissioun alleguerten eens waren, ze widderhuelen.

D'Madame Mutsch sot an hirem Rapport - an hirem mëndleche Rapport - zu dësem Projet, dee jo u sech ganz laang ënnerwee war - vun `92 u bis haut -, dass ganz vill nogeduecht gi wier an där Zäit op enger Rei vun Niveauen. Et ass sécher wouer, et ass och an der Kommissioun nach nogeduecht ginn. Mä et muss een awer och soen, dass net vill kontrovers schlussendlech diskutéiert ginn ass, well mer eis an dëser Matière an der Kommissioun - mengen ech - op praktesch all de Punkte méi oder wéineger eens waren no der Diskussioun. Et ass wierklech e Projet, deen de Stempel vum Konsens - vläicht net op all de Punkten, awer op den allermeeschte Punkten, mengen ech - vun de Membere vun der Kommissioun dréit.

De Carlo Wagner an ech selwer haten ufanks vun der Sitzung op déi Äusserunge vum Statsminister gëschter op der Televisioun reagéiert, an ech sinn och do mam Här Spautz senger Äntwert net d'accord. Ob mir elo an der Kommissioun doriwwer diskutéiert haten, ob dat an engem Procès-verbal steet oder net, Fakt ass, mir sinn an der Kommissioun zur Konklusioun komm, dass den Text, deen haut virläit, dat ass, wat mer wéilte maachen. A mir hu gesot, dat ass de Kompromëss, an déi Klatz ass ronn, a mat där kënne mer an den nächste Joren och eppes ufänken.

Dann heescht et awer op eemol gëschter, dass dat awer elo op engem Punkt, dee jo awer wierklech keng Niewesächlechkeet ass, soll geännert ginn. An dat entkräft awer trotzdeem d'Valeur vun deem Projet hei, deen ech e gudde Projet fannen, wou mer - mengen ech - eng wierklech gutt Aarbecht, eng gutt Reform hei maachen. Ech wëll och dofir dem Minister do gäre soen, dass dat eng gutt Aarbecht och vun him a vu senge Mataarbechter ass. Ech fannen et dofir schued, wa mer een Dag virum Vote esou eng Ausso gemaach kréien; dann hätt een dat doten och éischter kënnen diskutéieren.

Ech weess och net, firwat dass de Statsminister dat gesot huet, ob dat dann elo e Regierungsbeschloss war, well de Statsminister huet jo och dem Minister Schmit virgeworf, e géif do Saache soen, wou et eng Regierungsmeenung géif ginn. Ech weess net, ob dat, wat den Här Juncker gëschter gesot huet, dann och d'Meenung ass vun der ganzer Regierung, ob dat och vun der ganzer Regierung diskutéiert an approuvéiert ginn ass, wat do lancéiert ginn ass. Mä egal wéi werft et e Schiet op dat, wat mir hei diskutéieren.

Ech weess och net, wéi de Minister Di Bartolomeo sech dann elo muss gespuert hu gëschter Owend - wann en dann Zäit hat, d'Tëlee ze kucken -, wann en dann do héiert, wat en als Regierungsmember ze denken huet, an deem Ressort, deen hie jo eigentlech als Éischte misst ze veräntwerten hunn.

Egal wéi, dëst Gesetz hale mir als gréng Fraktioun fir eng Verbesserung vun der Situatioun, déi mer haut kennen. Et gëtt wuel eenzel Fallbeispiller, wou Leit och theoretesch kënne méi schlecht ewechkommen. Beispillsweis déi ganz kleng Invaliditéiten, déi bei engem Deel vu Leit tatsächlech dann elo an Zukunft wäerte gestrach ginn. Mä mir schwätzen awer wierklech do vu ganz klengen Invaliditéiten a vu ganz klenge Beträg.

A vun deene Leit do ofgesinn, mengen ech awer, dass de Rescht vun der Reform einfach méi richteg ass wéi dat, wat mer elo maachen, och doduerch méi richteg ass, well et méi genee ass, well et méi prezis ass, well et wierklech do probéiert, méi ze hëllefen, wou e bësse méi Hëllef gebraucht gëtt. A well et och op anere Plazen, wou vläicht iwwerkompenséiert ginn ass - net vläicht, wou sécher iwwerkompenséiert ginn ass, an dat si keng Minoritéite gewiescht, et ware ganz vill där Fäll do -, dass een do mat där Iwwerkompensatioun ophält an ebe just dat libéréiert vu Kreditter, wat ee brauch, fir op anere Plaze méi kënnen ze hëllefen an enger Reform, déi jo - in globo - finanziell plus minus neutral sollt sinn.

An ech mengen, dass déi Ziler do mat dësem Text erreecht gi sinn, an dofir wäerte mir als gréng Fraktioun mat Sécherheet och zoustëmmen. E Luef oder e Merci och un de Conseil économique et social, déi sech vill Zäit geholl hu fir deen Avis, déi awer och dofir e gudden Avis presentéiert hunn, an deen, mengen ech, och an den Denkpisten eng Rei Leit gehollef huet, fir déi Reform hei virzebereeden.

An ech denken, datt se mat hirer laanger Reflexioun den Nol op de Kapp getraff hunn, notamment fir déi fundamental Iddi a fir déi fundamental Afrostellung vun der Indemnité forfaitaire, fir eriwwerzegoen op eppes méi Prezises, wat limitéiert ass op eng Kompensatioun vum Akommesverloscht; wat d'Rapportrice genannt huet, eppes Moossgeschneidertes an där heiter Matière. An dat ass vläicht net honnert Prozent wouer, mä et trëfft awer, mengen ech, schonn zimlech genee dat, wat probéiert gëtt.

Eng Rei Saachen änneren net. D'Immunité patronale ass ee vun den Aspekter, déi net änneren. A mir mengen och, dass do méi derfir schwätzt wéi dergéint. Wann een dat hätt wëllen änneren, dat hätt eiser Meenung no méi Froe riskéiert opzewerfen, wéi et der beäntwert hätt. De Prinzip, dass nëmme kann am Fall vun enger Condamnation pénale eng Indemniséierung gefrot ginn, mengen ech, ass richteg, a soll och dofir, wéi et virgeschloen ass, beim Status quo bleiwen.

Eng Rei Saache kommen awer nach nei derbäi, déi mer ausdrécklech begréissen. Op iterativ Ureegung vum Statsrot gëtt dann elo e Régime spécial vum Fonctionnaire public an Employé public ofgeschaaft. Mir ënnerstëtzen deen dote Wee.

A mir sinn och frou oder iwwerrascht, dass d'Interessevertriedung vun der Fonction publique sech zu dësem Aspekt net geäussert huet. Mä wann een näischt seet, ass ee wahrscheinlech och d'accord. Qui ne dit mot consent. An dofir gi mer dervun aus, dass hei och d'CGFP dermat d'accord war, dass dee Régime spécial ofgeännert gëtt an dass et dann agebett gëtt an e Régime commun, dee fir jiddwereen deeselwechten ass; wat mir ausdrécklech wollten ënnerstëtzen.

Fir genausou richteg hale mer et, dass dee System vun deem Bonus, Malus agefouert gëtt. Et ass kloer, a jiddweree weess dat, et gëtt an der Aarbechtswelt ënnerschiddlech Secteure mat ënnerscheedleche Risiken. De Bau ass natierlech méi exposéiert wéi eng Aarbecht um Büro.

An zwou Saache sinn do bei eis awer wichteg als gréng Fraktioun. Engersäits, dass een en Element vu Solidaritéit huet, dass also net déi, déi nëmmen um Büro schaffen, kee Sou wéilte matbezuele fir déi, déi um Bau schaffen, déi déi Gebaier erriichten, an deenen herno déi um Büro kënne sëtzen. Dofir hale mer et fir richteg, dass och do tëschent de Secteuren e Mooss vu Solidaritéit muss spillen.

Dofir fanne mer et och ausdrécklech richteg, och aus deem Bléckwénkel, dass de Régime spécial ofgeschaaft ginn ass, well doduerch, dass d'Fonctionnairen an d'Employéen och elo e Patron da matbréngen, dee mat bezilt, nämlech de Stat, dee bis elo jo nëmmen de Remboursement vun de Prestatioune gemaach huet iwwert de Statsbudget. An an Zukunft wäert en, wéi all Patron, och mat cotiséieren.

Dat hale mer ausdrécklech fir richteg, well dat och en Element vu Solidaritéit huet um Niveau vun der Fonction publique mam Patron Stat, deen och hei dofir suergt, dass iwwert den Ëmwee vun de Cotisatiounen d'Iddi vun der Solidaritéit respektéiert gëtt.

Dat huet den Avantage fir aner Patronen, dass hir Participatioune wäerten erofgoen. Och dat ass awer eng Mesure, déi an dësen Zäiten net einfach en neutrale Fakt ass. An enger Zäit, wou mer elo diskutéieren am Kader vun der Tripartite, an och doriwwer eraus iwwer Spuermoossname beim Stat, ass dat heiten am Moment eng zousätzlech Dépense fir de Stat, déi engagéiert gëtt an déi d'Patronat entlaascht. An dat muss een ënnersträichen, well fir näischt gëtt et dat doten net.

Mir sinn och der Meenung, dat ass déi zweet Iddi, déi eis wichteg ass… Dat ass déi Iddi vum Bonus, Malus, dass also bannent deenen eenzelne Secteuren, déi Leit, déi Patronen, déi Efforten ënnerhuelen, fir hir Sécherheetssituatioun ze verbesseren - an och dat ass net ëmmer fir näischt ze kréien; dat huet och heiansdo mat Investitiounen ze dinn -, fir am preventive Beräich eppes ze maachen, fir derfir ze suergen, dass ee manner Accidenter huet, dass och déi Firmen also finanziell iergendwéi eng Kompensatioun derfir kréien, dass also Effortë sech bezuelt maachen.

Wann een an d'Sécherheet investéiert, muss een dat och als Patron bannent de Secteure kënne guttgehal kréien. An et kann net sinn, wann dat doten nämlech net de Fall wär, dann hätten déi, déi am meeschte murksen, ënnert dem Strëch praktesch keen Nodeel. Si géifen héchstens, wann d'Murks géif riicht ausgoen en Avantage gehat, a wann d'Murks géif schlecht ausgoen, gräifen déi aner ënnert d'Äerm.

Dat ass also kee Risiko geschaaft, an dofir hale mer dee System vum Bonus, Malus ausdrécklech fir richteg, well mer wierklech déi, déi keng Efforten ënnerhuelen, och identifizéiert kréien an déi och zur Keess bieden, an dass een déi, déi an d'Sécherheet vun hire Mataarbechter investéieren, och bannent dem System ënnerstëtzt. Dat ass ausdrécklech richteg. An dofir mengen ech och, ass dëse Projet ënnert dem Strëch kee schlechte Projet.

Dat gesot, wëll ech als leschte Punkt nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Gréng sech och an der Kommissioun derfir agesat haten, dat och ënnerstëtzen an och elo begréissen, well et zréckbehale ginn ass, dass mer an der Definitioun vun den Ayant-droiten am Fall vun engem Accident net nëmmen déi, wéi bis elo, eranzéien, déi zu der - entre guillemets - „legaler Famill" gehéiert hunn, mä dass mer och an Zukunft einfach déi reell Situatioun kucken, déi reell existéierend Famill betruechten, nämlech Leit, déi kënnen noweisen, dass se an enger Partnerschaft sinn, och ouni legaalt Engagement, dass och dat betruecht gëtt, dass sech als Kompromëss gëeenegt gëtt bei dräi Joer, déi ee kéint noweisen.

Mir haten eigentlech gemengt, dass d'Noweise géif duergoen, onofhängeg vun der Durée. Mä zumindest ass dat och eng éischt, awer net onbedeitend Ouverture, déi iwwert den Ëmwee vun dësem Gesetz gemaach gëtt, dass een iwwert deen dote Wee och méi realistesch d'Familljesituatioune vun de Leit aschätzt, net just d'Partenariater, déi agedroe sinn, net just d'Bestietnisser, mä dass einfach déi reell Situatioun vun de Leit an d'Partner do berücksichtegt ginn. Och dat hale mir fir e Fortschrëtt.

Dat gesot, Här President, bréngt déi gréng Fraktioun hir Zoustëmmung zu dësem Projet, och wann net alles perfekt ass; och an dësem Projet net. Mä mir halen et wierklech fir eng däitlech Verbesserung. Mat dësem Gesetz si mer hei zu Lëtzebuerg besser opgestallt wéi mat dem ale Gesetz. An dofir wäerte mer als Fraktioun dëst Gesetz och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Félix Braz. An als nächste Riedner ass den Här Colombera agedroen. Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, e grousse Merci fir d'éischt un d'Rapportrice Madame Lydia Mutsch fir d'Presentatioun vun dësem voluminéisen Dossier vun der Assurance accident.

D'Problematik vun den Aarbechtsaccidenter war allgemeng an och am medezinesche Milieu héich kontroverséiert. Ech erënneren un en Aarbechter, deen op senger Aarbecht de klenge Fanger verluer huet, an un e Pianist, deen och säi Fanger verluer huet. Déi goufen alleguerte gläichméisseg behandelt.

Wann en Aarbechter säi Réck verletzt hat a wann ee Bürokrat déiselwecht Verletzung hat, da goufen déi och d'selwecht behandelt, wou awer jiddweree gespuert huet, datt déiselwecht Pathologië ganz aner Impakter op d'Ausübung vun hirem Beruff haten.

Hei woren d'Barèmer och zimlech rigide. Een, dee säin A verluer hat, dee krut da 40%. Do huet jiddweree sech gewonnert: Firwat dann net 50%? An een, dee säi Fanger verluer hat, deen hat nëmmen 2 oder 3%. An do huet jiddweree gespuert, dass de Pianist benodeelegt wor. Deen hätt normalerweis misse 95, 96% kréien, well e säi Beruff net méi konnt ausüben.

Et hat een a ville Fäll dann d'Impressioun, dass deejéinegen, deen en Aarbechtsaccident hat, bestrooft wor. Villes war ongerecht, an och d'Famill vum Accidentéierten, haaptsächlech bei engem Doudesfall, gouf indirekt pénaliséiert. Dofir si mir frou, datt mat dësem Gesetz eng méi gerecht Indemnisatioun vum Versécherte wäert erfollegen an esou déi potenziell Angscht virun engem méiglechen Ofrutschen an d'sozial Aarmut wäert verschwannen. Dat ass gutt esou.

Wat natierlech ëmmer op der Dagesuerdnung wäert bleiwen a wou ëmmer méi muss gesuergt ginn, ass d'Preventioun vun den Aarbechtsaccidenter. An hei ass jiddwereen, deen d'Verantwortung huet, gefuerdert, fir sécher Aarbechtsplazen unzebidden an net am Numm vum schnelle Geld d'Gesondheet vun den Aarbechter op d'Spill ze setzen. Hei hu mir als politesch Acteuren déi moralesch Verflichtung, fir alles ze ënnerhuelen, fir den Aarbechter ze schützen, an hei ass all Zousatzkontroll an engem Betrib, haaptsächlech do, wou ee grousse Risiko ass, noutwendeg.

Den Här Spautz huet gesot, et géife ganz vill Accidenter duerch de Mobbing geschéien. Den Här Wagner huet zitéiert, dass mer méi wéi 27.000 Accidenter pro Joer hätten. Ech mengen, wat de Mobbing méi grouss gëtt, wat de Manktum un Zäit och méi grouss gëtt, wat dee Moment d'Aarbechtsaccidenter méi gefuerdert ginn.

Ech mengen, Här Minister, do misste mer an där Richtung eng Kéier eng Aktioun da starten, fir och e Gesetz géint de Mobbing op de Leescht ze bréngen, wou dat heite considéréiert gëtt.

Wat de Bonus, Malus ugeet, do si mer skeptesch. Ech erënneren un déi Entreprisen, wou Leit Accidenter hunn. A fir dat ze vertuschen, do ginn déi Accidenter einfach a Krankheetsfäll ëmgewandelt, esou dass déi Entreprise propper dosteet. Ech mengen, do muss een och déi ganz Problematik eng Kéier vun engem ganz anere Bléckwénkel duerchliichten.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Wat de Bénévolat ugeet, ech erënneren un d'Schwäiz, déi och Cotisatiounen agefouert hu fir Leit, déi am Bénévolat sinn; och fir Traineren zum Beispill am Fussball, am Volleyball, am Basketball. An dat nenne si „nicht berufliche Unfälle", NBU. Dat wär vläicht och eng Pist, fir do iergendwéi eng kleng Cotisatioun anzeféieren. Da wär jiddweree mat do abegraff.

Zum Schluss erënneren ech nach un déi zousätzlech Belaaschtung, déi de Stat elo operluecht kritt mat dësem Gesetz. Ech hoffen, dass dat d'nächst Joer dann 2011 net derzou wäert bäidroen, dass mer nach ëmmer méi an d'Enkt kommen.

Dat gesot, Här President, wëll ech den Accord gi vu menger Partei. Dëst Gesetz geet an déi richteg Richtung.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Colombera Merci, an als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Här President, mir maachen hei eppes anescht wéi eng Reform. Mir änneren eng Logik. Mir hate bis elo bei der Unfallrent d'Situatioun, dass een eng forfaitaire Rent krut, entweder als eemolegt Kapital ausbezuelt oder als eng Rent, déi all Mount ausbezuelt ginn ass. Déi sollt da souwuel - vu dass et forfaitaire war, gerechent zwar op de Lounverloscht - dee Lounverloscht wéi och aner Schiedegungen ofdecken.

Déi Rent, déi konnt ee cumuléiere mat anere Revenuen, déi krut ee liewenslaang, onofhängeg dervun, ob een eng Pensioun hat oder net. Dat ass elo net méi esou. Elo gëtt getrennt. Dat heescht, op där enger Säit gëtt et spezial Indemnitéiten, dräi Zorten - déi sinn hei opgezielt ginn, déi brauch ech also net nach eng Kéier ze widderhuelen - fir déi ënnerschiddlech Schiedegungen, déi näischt direkt mat dem Loun ze dinn hunn. An déi ginn da festgesat a festen Tabellen.

An op där anerer Säit gëtt et eng Kompensatioun fir de Lounverloscht entweder a Form vun enger kompletter oder vun enger partieller Rent. Déi Kompensatioun fir de Lounverloscht gëtt wesentlech méi enk un d'Aarbechtsverhältnis gebonnen, wéi dat bis elo de Fall war, well do war se quasi onofhängeg. An dat bréngt a verschiddene Situatiounen och méi Drock mat sech op de betreffende Salarié, wéi zum Beispill bei dem externe Reclassement.

Wann dee Betreffenden duerch en Aarbechtsaccident dann eng Rente d'accident zougeschwat krut, da muss e sech zur Verfügung halen als Demandeur d'emploi, also sech disponibel hale fir den Aarbechtsmaart, wat en an der aktueller Situatioun, wann en eng Onfallrent zougeschwat kritt hätt, net onbedéngt hätt misse maachen. Esou dass also do d'Fro sech stellt, ob do net wesentlech méi Drock op d'Leit entsteet, wéi dat bis elo de Fall war.

Wat mech am meeschte stéiert, an dat ass och de Grond, firwat dass ech d'Gesetz net ka stëmmen, dat ass ebe just déi Fro vum Lounverloscht. Eigentlech misst ee jo dervun ausgoen, dass am Fall vun engem Aarbechtsaccident de Lounverloscht komplett - mindestens komplett - géif kompenséiert ginn. Dat ass awer manifestement net de Fall.

Ënnert deenen dräi Konditioune fir eng partiell Rent ass elo neierdéngs déi eng, dass de Lounverloscht muss 10% bedroen, soss kënnt eng partiell Rent guer net a Fro. Dat heescht, dat ass also net d'Fro vum Musiker, déi den Här Colombera ugeschnidden huet, sondern dat ass d'Fro vun enger ganz grousser Zuel vu Leit, déi bis elo eng partiell Rent kruten, déi ënnert deenen 10% Lounverloscht louchen, déi se elo net méi kréien. An dat sinn, esou soen d'Dokumenter, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, 75% vun de Fäll. Dat heescht, do fënnt also eng Kierzung statt, mat där ech net kann averstane sinn.

Elo kann een natierlech soen: Elo kënnt jo eng Indemnitéit derbäi. Eng vun deenen dräi Indemnitéite kann derbäikommen, mä dat ass net de Sënn vun deenen Indemnitéiten, fir e Lounverloscht auszegläichen. Déi hunn eng aner Bedeitung. An ech mengen och, dass a ganz ville Fäll déi Indemnitéit do net géif duergoen, fir de Lounverloscht auszegläichen. Dat ass fir mech also den Haaptgrond.

Deen zweete Grond, dee kennt den Här Minister och, well mir hei décidéieren, dass déi Reserv vun der Assurance accident, déi zwar méi kleng ass wéi déi vun der Pensiounskeess, géréiert gëtt vun dem Fonds de compensation, wou ech da schonn erëm viru mer gesinn: placéieren um Aktiemaart. Da kann ech domadder och net d'accord sinn, well ech dat fir absolut inakzeptabel halen.

An dann en drëtte Grond. Och hei gëtt eng Assemblée générale ofgeschaaft. Obschonn, et kann ee jo soen: Dat geet mech näischt un, well dat war d'Assemblée générale vun den Entreprisë selwer, also vum Patronat. Mä et ass eng generell Tendenz am Beräich vun der Sécurité sociale, déi Entscheedungsprozesser op ëmmer méi kleng Gruppen ze reduzéieren. Dat ass och bei der Pensiounskeess esou. Hei gëtt d'Assemblée générale ofgeschaaft, wou d'Entreprisë vertratt waren. Et ass déi generell Tendenz, mat där ech net averstane sinn.

A véiertens, dat ass och an dësem Fall erëm eppes, wat sech och an anere Situatioune scho gestallt huet, dat ass d'Fro vun den Iwwerstonnen. D'Iwwerstonne ginn hei och erëm eng Kéier aus der Assiette fir d'Cotisatiounen erausgeholl. Dat hu mer scho kritiséiert beim Statut unique, well dat eigentlech drop erausleeft, dass een Iwwerstonne favoriséiert, wou een eigentlech an Zäite vun Aarbechtslosegkeet misst derfir suergen, dass esou mann wéi méiglech Iwwerstonne misste gemaach ginn.

Just e Wuert, well meng Zäit schonn ofgelaf ass, zu der Aglidderung vum Stat an de Régime général, mat deem ech d'accord sinn. Et muss een allerdéngs dann och nach eng Kéier widderhuelen: Mat deem héije Prozentsaz vun deem Deel, dee finanzéiert gëtt, net no Risikoklasse mä einfach opgrond vun der Lounmass, heescht dat do eng Finanzéierung vum öffentleche Secteur zugonschte vum Privatsecteur. An ouni elo dogéint wëllen ze polemiséieren, kéint een awer soen, dass grad an deenen Diskussiounen, déi mer am Moment féieren, ee kéint erwaarden, dass de Privatsecteur dann och e bësse méi Respekt oder e bësse méi Solidaritéit géif weise par rapport zum öffentleche Secteur.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Elo kritt d'Regierung d'Wuert. Den Här Gesondheets- a Sozialminister Mars Di Bartolomeo, wann ech gelift.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol e Merci vu menger Säit fir déi ganz konstruktiv Diskussioun, net nëmmen hei am Haus, mä och während de Chambersdebatten a während den Aarbechten an eiser Sozialkommissioun. Ech wollt der Madame Rapportrice speziell e Merci soe fir deen exzellente Rapport a virun allem fir déi Aart a Weis, wéi se d'Aarbechten an der Kommissioun gefouert huet.

Déi Aarbechten, déi si ganz seriö gefouert ginn, an d'Chamber, zesumme mat der Regierung a mat der Verwaltung, hu während deenen Aarbechten nach e ganz zolitte Bäitrag fir d'Weiderverbesserung vum Text geleescht. Ech wollt awer och mäi Respekt a mäi Merci der Verwaltung soen, ronderëm de Paul Hansen, de Claude Seywert, d'Pascale Speltz, d'Linda Schumacher an de Georges Wagner fir déi exzellent Aarbecht, déi se geleescht hunn.

Dat hei ass kee Projet, dee vun de Masse verlaangt ginn ass. Et ass kee Projet, wou ee sech elo ganz grouss Lorbeere verdéngt. Mä et ass awer e wichtegen, e richtegen an e gerechte Projet, deen, wéi gesot ginn ass, 20 Joer gebraucht huet, ier e prett war, fir verofschit ze ginn. An e gëtt elo verofschit, well mer déi Reform do wierklech wollten.

Zënter '92 ass se an der Diskussioun. Et huet bal zéng Joer gedauert, bis dass de Conseil économique et social säin Avis konnt virleeën. Et huet duerno nach eng Kéier bal zéng Joer gedauert, bis dass de Projet als Prioritéit an engem Regierungsprogramm war. Dat war fir '99.

An et huet dann nach eng Kéier eng ganz Rëtsch vu Jore gedauert, bis 2004 niewent der Erklärung am Regierungsprogramm och déi politesch Volontéit do war, fir d'Aarbechte richteg unzepaken. 2004 hunn ech keng Trace vun enger Reform a mengen Tiräng fonnt. Mir hunn 2004 déi Aarbechten ugefaangen, a mer hu se och zu Enn bruecht, wéi gesot, net mat dem Hannergedanken, fir grouss Lorbeeren dofir ze kréien, mä an der Iwwerzeegung, dass eng Moderniséierung vun den Texter noutwendeg wär.

Als Virbemierkung wollt ech awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass déi beschten Unfallversécherung, déi mer kënnen hunn, net eng seriös an intensiv Preventioun a Sécherheetskultur an de Betriber ersetze kann. Zu engem Zäitpunkt, wou Kompetitivitéit ëmmer duerch ee ganz enke Bléckwénkel duergestallt gëtt, mengen ech, ass et och ubruecht, fir op aner Elementer vu Kompetitivitéit hinzeweisen, oder op aner Elementer, déi zu enger Verbesserung vu Kompetitivitéit kënne bäidroen.

Eng wierklech geliefte Gesondheetskultur, Sécherheetskultur an engem Betrib ass en Element, fir d'Kompetitivitéit vun engem Betrib ze verbesseren, fir d'Produktivitéit vun engem Betrib ze verbesseren. Well et ass eigentlech eng Evidenz, och wa se nach net an deem leschte Wénkel ukomm ass, dass, wann ee gesond Mataarbechter huet, motivéiert Mataarbechter huet, déi net onnéidege Risiken ausgesat sinn, dass déi vill méi motivéiert sinn an engem Betrib och op Dauer méi brénge wéi Leit, déi duerch Murks demotivéiert ginn.

Dofir, déi éischt Prioritéit an enger Sécherheetsdiskussioun, an enger Diskussioun iwwert d'Assurance géint Risiken op der Aarbechtsplaz, dat ass, dass mer beim Ufank sollten ufänken. An dofir ass et och wichteg, dass an där ganzer Diskussioun op d'Preventioun an awer och op d'Motivatioun vun de Betriber, fir an déi dote Richtung ze goen, esou vill Wäert geluecht ginn ass.

Duerch déi ganz objektiv Duerstellung vum Projet brauch ech net op all Detailer anzegoen. Ech wollt just d'Grondphilosophie vum Projet an e puer Wierder résuméieren. Richteg ass, dass et keng Entrüstung géint déi bestehend Gesetzgebung gouf.

Ech hu mech ëmmer gewonnert, firwat dass d'Betriber, d'Patronat net méi motivéiert war, fir dat heite Gesetz unzegoen an all senge Facetten. Ech muss feststellen, dass eigentlech déi eenzel Acteure relativ gutt mat där bishereger Gesetzgebung geliefi hunn, well eigentlech an de bisheregen Texter oder de bisherege Regelungen net nëmmen déi Saachen indemniséiert gi sinn, déi mussen indemniséiert ginn, mä heiansdo doriwwer eraus indemniséiert gi sinn. Bocksfouss derbäi war, dass heiansdo Saachen net indemniséiert gi sinn, déi eigentlech hätte missen indemniséiert ginn.

Mir sëtzt nach ëmmer ee Fall an de Knachen, deen ech hautno materlieft hunn, wou e jonke Mënsch vun 18 Joer op enger Schmelz quasi gegrillt ginn ass. En hat keng direkt Famill ausser sengen Elteren. Seng Eltere si just duerch eng Indemnité funéraire indemniséiert gi vun e puer dausend Frang an hate soss keen Usproch un Indemniséierung. Wann Elteren e Jong vun 18 Joer verléieren, mengen ech, geet et net mat enger Indemnité funéraire duer. Dat war an de bestehenden Texter net aneschters méiglech. Mir hu gemengt, dass dat sech misst änneren, an dat ännert sech och an der jëtzeger Reform.

Op där anerer Säit hat ee Situatiounen, wou iwwerhaapt kee Lounverloscht do war, mä wou eigentlech een nom Unfall wesentlech besser dru war wéi virum Unfall. Nun, ech gönne jiddwerengem déi dote Grousszügegkeet. Mä ech mengen, et ass awer och an der Sozialpolitik richteg a gerecht, dass een dat indemniséiert, wat ze indemniséieren ass, an net eppes indemniséiert, wat eigentlech net verluergaang ass. D'Patronat huet sech an der bestehender Form vun der Unfallversécherung relativ gutt erëmfonnt, well dat Essenziellt garantéiert war, dass, wann net e gravë Feeler geschitt ass, si eigentlech grad wéi de Salarié ofgeséchert war géint e Recours.

Da kommen ech zu deenen Diskussiounen, déi am Virfeld gefouert gi sinn. Do war et jo Velléitéite ginn, fir ze soen: Dee Schutz fir de Patron oder fir de Betrib, dee soll een a Fro stellen. Ech hunn ëmmer gemengt, dass dat en duebelschneidegt Schwert wär, well wann deem enge säi Schutz a Fro gestallt gëtt, da wär automatesch de Schutz och vum Salarié a Fro gestallt ginn, well och de Salarié, deen e Feeler - net en

absichtleche Feeler - mécht, duerch déi heite Formule geschützt ass. An dofir ass et gutt, dass mer mat deenen Nuancen, déi opgrond vun Uerteeler an der Vergaangenheet erakomm sinn, deen dote Schutz net ophiewen; wat allerdéngs net soll derzou féieren, dass ee sech net responsabel fillt fir dat, wat a sengem Betrib geschitt.

Mir hunn also e Projet hei virleien, dee mer haut hoffentlech stëmmen, dee sech vis-à-vis vun deem, wat an der Vergaangenheet war, an där Hisiicht alignéiert, dass e Lounverloschter, déi net do sinn, zwar net méi indemniséiert, mä aner Saachen, déi net indemniséiert gi sinn, an Zukunft indemniséiert. Dat gëllt fir d'Schmerzensgeld. Dat gëllt fir de Préjudice esthétique. Dat gëllt och fir en Impakt, deen en Unfall op dem Affer säin normale Liewensoflaf kann hunn. Dat si Begréffer, déi bis elo an eiser Unfallversécherung duerch d'forfaitaire Entschiedegung zwar einegermoossen ofgeséchert warem, awer net am Detail ofgeséchert waren.

Ënnert dem Strëch kann ee soen, dass duerch d'Reform déi ganz kleng Schied net méi esou grousszügeg indemniséiert ginn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war; an déi méi dramatesch Fäll, déi an der Vergaangenheet nëmmen deelweis indemniséiert gi sinn, besser indemniséiert ginn.

Dass ech dat haut esou ka soen, ass och de Verdéngscht vun deenen Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, well mer d'Barèmen, déi à la base vun den Entschiedegunge sinn, nach eng Kéier kritesch ënnert d'Lupp geholl hunn a festgestallt hunn, dass déi Barèmen, opgrond vun deenen Erfahrungen am Secteur privé, also am Régime général, net grousszügeg genuch waren, dass déi net adaptéiert genuch waren. Do hu mer substanziell Verbesserunge gemaach.

Wat sech och wäert änneren, dat ass en awer net ze vernoléissegend Element. Dat ass d'Indemniséierung vun deene sougenannten Accidents de trajet. Dir kennt alleguer d'Situatioun, wéi se haut ass. An ech schwätzen hei net vun deene ganz graven, wou Verletzter, Schwéierverletzter derbäi sinn oder wou souguer Leit hiert Liewe loossen, mä ech schwätze vun deene klengen Téitschen, Minitéitschen, déi indemniséiert ginn, wann een e Kierperschued kann noweisen, normalerweis dee berühmte Coup du lapin, dann huet d'Assurance accident indemniséiert.

Aus de Statistike vun der Assurance accident geet ervir, dass de Gros vun deene Wegeunfäll ënnert dem Prädikat vun deene klengen Téitsche fält. Dat ass awer net onbedéngt de Sënn vun enger Assurance accident, an dofir gëtt dat an Zukunft och geännert iwwert d'Aféierung vun enger Franchise, déi dozou wäert féieren, dass déi ganz kleng Bagatellen net un d'Assurance accident erukommen.

Bei deene méi grousse Schied, déi engem wierklech dann och finanziell Suerge kënne bereeden, gëtt indemniséiert, méi héich indemniséiert, wann et noutwendeg ass, ouni dass een noutwendegerweis muss eng Verletzung u sengem eegene Kierper noweisen. An ech fannen, dass dat och richteg ass. An der Vergaangenheet konnt een och net ausschléissen, dass et heiansdo eng duebel Indemniséierung ginn ass, well een iwwert d'Assurance accident indemniséiert ginn ass, a wann een eng Kasko-Versécherung hat, och nach hätt kënnen doriwwer indemniséiert ginn.

Wichtegt Element vun dësem Gesetz ass, dass mer an Zukunft och nëmmen nach een eenzege Regime vun der Assurance accident hei am Land hunn. Dat ass fir keen e Verloscht, ausser dass de Stat net nëmme méi bezilt fir de Schued, deen entstan ass, mä regelrecht cotiséiert. De Beamten, ob dat op de Gemengen oder beim Stat ass, entsteet kee Schued doduerch, well si ginn indemniséiert, wéi se bis elo indemniséiert gi sinn; just de Stat gëtt behandelt wéi en normale Betrib.

De Statsrot hat bei dësem Volet Recht a sengen Argumentatiounen, an ech sinn och ganz frou, dass déi Argumentatioun um Niveau vun de Kolleegen an der Regierung, um Niveau Fonction publique gedeelt ginn ass an um Niveau vun der Chamberskommissioun a mer hei e weidere Schrëtt ginn a Richtung Gläichbehandlung net nëmme vun de Salariéën, mä awer och vun de Betriber, déi Leit beschäftegen.

Dat huet eis et erlaabt, d'Solidaritéit ze vergréisseren, well doduerch, dass de Stat elo en normale Bäitrag bezilt, konnt déi Tranche vu Solidaritéit zwëschen de Betriber geheicht ginn. Bis haut ass et e gemeinsame Sockel vu 25% ginn, wou d'Betriber solidaresch ënnerenee sinn. Duerch de Regierungsprojet ass dat geheicht ginn a Verhandlunge mat de Partner op 33%, an doduerch, dass de Stat dozou stéisst, geheicht op 36%, an - ech soen dat esou, wéi ech dat emfannen - hoffentlech an Zukunft op eng honnertprozenteg Solidaritéit zwëschent de Betriber.

Well, ech muss lech soen, ech hunn dat ni verstan, dass dat ënnert de Betriber akzeptéiert ginn ass, dass en Deel vun de Betriber 0,4 oder 0,5% Bäiträg op der Gesamtlounmass bezuelt hunn, an anerer 6%. Stellt lech elo emol ee Moment vir, dass mer an enger Assurance maladie esou eng Diskrepanz an de Beträg hätten, doduerch, well an deenen enge Betriber kee Risiko ass, fir krank ze ginn, an an anere Betriber en héije Risiko ass, fir krank ze ginn. Déi, déi 6% géifen oder misste bezuelen, déi géifen d'Weltrevolutioun ausruffen, well esou eppes net ze vertrieden ass.

An ech hunn nach dat an de Knachen, wéi 2005 e schwaarzen Dag ausgeruff ginn ass, well d'Cotisatiounen an der Assurance maladie ëm 0,1% geheicht gi sinn. Dat war quasi de Weltënnergang - festgestallt vum Patronat, dat awer op där anerer Säit domat d'accord ass, dass een Deel vun de Betriber 0,5% Bäiträg an der Assurance accident bezuelen, an en anere 6% Bäitrag. 6% op der gesamter Lounmass! Dir kënnt lech also virstellen, wat dat fir eng Differenz ass...

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Wagner lech eng Fro stellt?

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Jo, ech hunn dem Här Minister elo ganz andächteg nogelauschtert. Mä, Här Minister, hutt Dir dee falsche Projet de loi déposéiert?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Neen.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Well, wann Der esou iwwerzeegt sidd dovunner...

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Neen, am Géigesaz zu lech, Här Wagner, hunn ech e Projet de loi deponéiert, an Dir hat een ugekënnegt an Dir hutt ni ee gemaach.

(Interruption)

Et ass awer déi grouss Differenz...

Plusieurs voix.- Oooh!

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Dat ass déi grouss Differenz…

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Sou, ech bieden lech elo, dem Minister nozelauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Dat ass déi grouss Differenz…

(Interruptions)

Majo, wann Der nogelauschtert hätt, Här Wagner, ech wëll dat dann nach eng Kéier soen, Dir hat e Projet ugekënnegt, Dir hutt net dru geschafft. Ech hunn de Projet ugekënnegt, an ech hunn e gemaacht, an ech hunn och un der Solidaritéit geschafft.

Gutt, doduerch, dass mer an enger flotter Diskussioun sinn iwwer Solidaritéit hei zu Lëtzebuerg, schwätze mer och e bësse méi genee iwwert d'Solidaritéit…

(Interruption)

M. le Président.- Här Wagner, loosst Der wann ech gelift elo den Här...

(Interruption)

Här Wagner, loosst wann ech gelift elo den Här Minister ausschwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Ech versti jo den Här Wagner, dass e sech getrëppelt fillt, well en de Spigel virgehale kritt huet vu sengem eegenen Onverméigen an deem heite Beräich.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Äntwert op meng Fro, wann ech gelift!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, d'Sozialiste sollen d'Solidaritéit an der Tripartite diskutéieren an net heibannen!

Här Di Bartolomeo, schwätzt vu Solidaritéit an der Tripartite.

M. le Président.- Sou, ech hätt elo emol gären, datt mer eis alleguer e bësse berouegen an dem Minister erëm nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Ma voilà, well ech war ganz onopgereegt, d'Opreegung kënnt vun de Bänke vun de Liberalen.

(Interruption et hilarité)

De Liberalen, deene mir mussen Entwécklungshëllef ginn an deem heite Beräich.

Ech kommen awer op d'Fro vum Här Wagner. Ech hat 2005 an der Tripartite schonn d'Propositioun gemaach, fir déi Solidaritéitsbäiträg zwëschent de Betriber an d'Luucht ze setzen. Bon, dat ass deemools net an deem Mooss gaang. Mir hunn awer an der Praxis am Projet de loi doru geschafft, an et geet eben elo eng weider Zäitfënster op, fir kënnen nach eng Kéier doriwwer ze schwätzen. Dorënner leit awer dee Projet hei iwwerhaapt net, well déi Dispositiounen iwwert de Finanzement sinn een oder zwee Artikelen, an dat werft d'Philosophie vun deem Projet iwwerhaapt net op d'Kopp. Wa mer also an Tripartiten-Diskussiounen do eng weider Ouverture kréien, ass dat ouni Weideres méiglech, wär souguer nach méiglech theoretesch, ier de Projet a Kraaft gesat gëtt, well deen trëtt jo net muer a Kraaft, mä deen trëtt den 1. Januar 2011 a Kraaft, woumat ech och op déi Fro vun dem Här Wagner geäntwert hunn, wou en an der Diskussioun opgeworf huet.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- À peine.

(Hilarité et interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Ech hu ganz gutt Zäit.

Här President,…

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här Minister, reprochéiert mir awer net, dass ech an zwee Joer net fäerdeg bruecht hunn, wou-fir Dir sechs Joer gebraucht hutt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Mä Dir waart fënnef Joer an der Regierung.

(Interruption)

Dir waart fënnef Joer...

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Neen, neen,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Dir waart fënnef Joer an der Regierung, an den Avis vum Conseil économique et social ass vun…

M. Carlo Wagner *(DP)*.- 2002.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- 2001, dat heescht, Dir hat gutt dräi Joer Zäit, fir e Projet auszeschaffen...

(Interruptions)

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Et war 2002. Dir hätt da missen, wann Der besser gewiescht wiert, 2006 mam Projet kommen.

(Hilarité)

M. le Président.- Här Minister, d'Zäit ass geschwënn eriwwer. Fuert wann ech gelift virun.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Wäert ech maachen, Här President, ech kommen och gläich zum Schluss.

D'Finanzement hunn ech ugeschwat. Do sinn an der jëtzeger Virlag also scho weider Verbesserungen, a mir hoffen… An dat hu mer net nëmmen eng Kéier an der Kommissioun diskutéiert, mir hunn dat och an der leschter Kommissiounssitzung nach eng Kéier zur Diskussioun gestallt. Ech weess net, ob den Här Wagner nach do war. De Paul-Henri Meyers huet déi Fro och opgeworf…

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Dach, Här Minister, ech war do…

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- …virun dräi Sitzungen, a mir mengen, dass dat do déi richteg Richtung ass a mer eis net solle bëire loossen, wa mer haut de Projet stëmmen, dass zousätzlech Perspektiven opginn.

(Interruption)

Als Konklusioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech lech soen, dass ech mat ganz grousser Satisfaktioun feststellen, dass mer hei och kënne Sozialreforme maachen, déi net en eesäitege Charakter hunn. Déi heite Sozialreform bréngt de Betriber eppes, dat heescht Stabiliséierung a Stabilitéit am Finanzement, a bréngt de Salariéën eng ugemiessen Entschiedegung fir déi Schied, déi bei engem Aarbechtsaccident entstinn.

Dat Wichtegst, wat zousätzlech nach ze bemierken ass, dat ass, dass mer niewent deenen Efforten, déi mer an deene leschte Jore gemaaach hunn, fir Onfallpreventioun ze maachen, dass déi mat dësem Projet wäerte weidergefouert ginn, an dass mer eis d'Méiglechkeet ginn, wa mer da vläicht muer bei enger komplett solidarescher Finanzéierung landen, dass mer iwwer e Bonus-Malus-System deene Betriber kënne Rechnung droen, déi ebe vläicht besser oder net gradesou gutt Schüler sinn.

Doriwwer eraus, mengen ech, geet d'Assurance accident an déi richteg Richtung, wa se, wéi an der Vergaangenheet, de Betriber hëlleft, sech ze zertifizéieren a Saachen Onfallverhütung respektiv Sécherheetskultur, a wa se d'Betriber motivéiert, fir iwwer e Präis fir d'Sécherheet an de Betriber respektiv fir d'Preventioun vun Accidenter an de Betriber eng Vitrine zur Verfügung stellt, fir déi Best Practices ze weisen.

Ofschléissend nach eng Kéier all deenen, déi un dësem Projet bedeelegt waren, deen iwwer länger Zäit geräift ass, e ganz grousse Merci, an ech hoffen, dass mer an zwee Joer bei Geleeënheet kënnen e positive Bilan vun deem heite Gesetz zéien.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. A mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

(Interruption et hilarité)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden (par Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Félix Eischen), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Scheuer), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Jean Huss), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: *M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

8. Ordre du jour (suite)

An elo géife mer de Punkt vum Projet de loi 6066 virhuele mam Accord vum Rapporteur, well d'Rapportrice vun deem anere Projet ënnerwee ass. Dofir kéime mer dann also elo op de Projet de loi 6066, en Accord iwwert d'tropescht Holz. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madame Mergen, d'Madame Polfer, den Här Braz, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

9. 6066 - Projet de loi portant approbation de l'Accord international de 2006 sur les bois tropicaux, fait à Genève, le 27 janvier 2006

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi approuvéiere mer also den internationalen Accord vun 2006 iwwert d'Tropenholz.

Op eiser Äerd gëtt et ongefëier véier Milliarden ha Tropebëscher, déi ongefëier 30% vun eisem Planéit couvréieren. Ech erlabe mer dofir unzefänken, d'Bedeitung vun den Tropebëscher ervirzesträichen.

D'Tropebëscher erfëllen eng grouss Rei vu wichtege Funktiounen. Am Beräich vum Klima: Si stabiliséieren de Klima, andeems se riseg Mengen un CO_2 stockéieren. Wat d'Natur ubelaangt: D'Bëscher protegéieren d'Biedem, a si leeschten eng wichteg Contributiounfir d'Erhale vun der Biodiversitéit. D'Holz ass eng Basis fir eng ganz Industrie; dat souwuel an deene Länner, wou Holz geschloe gëtt, wéi och do, wou Holz weider veraarbecht gëtt an och verkaf gëtt. Verbonne mat dëser Industrie si Millioune vun Aarbechtsplazen, souwuel an de Produzentelänner wéi och an de Pays consommateurs. An d'Aarbechtsplaze sinn dobäi besonnesch wichteg, fir d'Revenuë vun de Familljen an de Produzentelänner ze garantéieren.

Fir dës wesentlech Funktiounen ze erhalen, ass et wichteg, dass derfir gesuergt gëtt, dass eng nohalteg Gestioun an en adequate Schutz vun den Tropebëscher garantéiert sinn. Do besteet Handlungsbedarf, well d'Tropebëscher sinn hautdësdags seriö bedroht. D'FAO, déi regelméisseg de Bestand vun de Bëscher analyséiert, huet an engem Bericht festgehalen, dass all Joer 13 Milliounen ha Bësch verschwannen. Besonnesch am A muss ee behalen déi illegal Ofholzung vun de Bëscher, déi a verschiddene Länner méi wéi 50% vun der Produktioun ausmécht. D'Europäesch Kommissioun schätzt, dass ongefëier 20% vun den Holzimporter an d'EU illegal sinn.

D'Ofholze vu Bëscher, d'Déforestatioun ass responsabel fir ongefëier 20% vun de weltwäiten CO_2-Emissiounen. An dobäi ass nach ze bemierken, dass d'Erwiermung vum Planéit och erëm negativ Konsequenzen op den Zoustand vun de Bëscher huet.

Fir dës Problemer unzegoen, muss op internationalem Niveau kooperéiert ginn. An duerfir ass och dësen Accord ze begréissen. Et ass iwwregens schonn deen drëtte vu sengem Genre: En éischten Accord staamt aus dem Joer '83 an en zweete vun 1994.

D'Struktur vum Accord, deen am Kader vun der Conférence des Nations Unies pour le commerce et le développement négociéiert ginn ass, ass ähnlech wéi déi vu sengem direkte Virgänger. Am éischten Artikel sinn d'Ziler vum Accord formuléiert. Et geet do net nëmmen ëm d'Promotioun vum internationalen Handel mat Tropenholz, mä och, a virun allem ëm eng nohalteg Gestioun vun de Bëscher an iwwert d'Legalitéit vun der Exploitatioun vun de Bëscher. Esou soll zum Beispill d'Capacitéit vun de Memberen erhéicht ginn, fir d'Gouvernance an d'Uwendung vum Droit forestier ze verbesseren.

Den Accord beschreift d'Roll an d'Fonctionnement vun der OIBT, der Organisation internationale des bois tropicaux, déi hire Sëtz zu Yokohama a Japan huet an déi fir d'Mise en œuvre vum Accord responsabel ass. D'Membere vun der Organisatioun sinn agedeelt a Pays producteurs an a Pays consommateurs. Si decken haut ongefëier 80% vun de Tropebëscher an 90% vum internationalen Handel mat Tropenholz of. D'Haaptorgan vun der Organisatioun ass de Conseil international des bois tropicaux, an deem alleguer d'Memberlänner vertruede sinn. D'Stëmmrecht am Conseil international des bois tropicaux ass gläichermoossen opgedeelt tëschent de Produzenten an de Konsumenten. Bei de Konsumente variéiert d'Zuel vun de Stëmme mam Volume vun den Importatiounen, a bei de Produzenten ass d'Verdeelung e bësse méi komplizéiert. Mä hei ass och d'Tendenz déi, dass déi, déi e grousse Bëschbestand hunn a vill exportéieren, méi Stëmmen zegutt hunn.

D'OIBT formuléiert Texter, fir eng nohalteg Gestioun vun den Tropebëscher ze favoriséieren, a se hëlleft de Membere mat konkrete Projete bei der Ëmsetzung vun dëse Politiken.

(Interruption)

D'Finanze vun der OIBT ginn assuréiert duerch e Compte administratif fir de Fonctionnement vun der Organisatioun an e Compte spécial, dee mat de fräiwëllege Contributioune gespeist gëtt an dee fir de Finanzement vun de Programmer a Projeten do ass. Déi obligatoresch Dépensë fir de Budget administratif gi vun der Europäescher Unioun iwwerholl. Den Accord soll zéng Joer a Kraaft bleiwen a kann eng Kéier fir fënnef an dann nach eng Kéier fir dräi Joer verlängert ginn.

Den Accord huet zu ville Kritike gefouert, notamment am September 2008 duerch eng Resolutioun vum Europäesche Parlament. D'Europaparlament ass der Meenung, dass d'Zil vun der Protektioun an der Gestion durable ze mann Gewiicht huet par Rapport zum internationale Commerce vum Tropenholz. Kritiséiert gouf an deem Zesummenhang och d'Verdeelung vun de Stëmmen, déi esou organiséiert ass, dass déi, déi am meeschte mat Tropenholz handelen, och am meeschte Stëmmen hunn.

Mä allgemeng ass ee sech awer eens, dass dësen Accord wichteg ass an op alle Fall besser ass wéi seng zwee Virgänger. Den Accord eleng, an do ass ee sech och eens, geet awer sécher net duer, fir all Problemer am Beräich vun der Zerstéierung vun den Tropewälder ze léisen. Dat läit ënner anerem dorunner, dass d'Ziler am Accord net contraignant sinn an zimlech allgemeng formuléiert sinn. A grad dofir, mengen ech, ass et och wichteg, dass d'Europäesch Unioun déi legislativ Beméiungen an deem Beräich weider bedreift.

Dat bedeit éischtens, dass emol weider Accords de partenariat mat Drëttlänner ofgeschloss ginn. Dat sinn déi sougenannte FLEGT-Accorden - dat steet fir Forest Law Enforcement, Governance and Trade. Duerch dës Accordë soll séchergestallt ginn, dass nëmme legaalt Holz aus de Partnerstaten op den europäesche Marché kënnt.

Et sief och nach gesot, dass am Moment en europäescht Reglement um Instanzewee ass, mat deem verhënnert gi soll, dass Holz aus illegalem Ofbau op den europäesche Marché komme kann. Dat Reglement ass wichteg, well d'Accords volontaires de partenariat FLEGT, déi ech elo grad ernimmt hunn, nëmme beschränkt wierksam sinn.

Zum Ofschloss wollt ech lech nach soen, dass, wéi mer de Rapport an där zoustänneger Chamberkommissioun ugeholl hunn, nach eng Rei Froen opgeworf gi sinn. Déi éischt dovu betrëfft déi finanziell Répercussioune vu Lëtzebuerg vum Accord. Ech hu jo scho gesot, dass déi obligatoresch Dépensen an Zukunft vun der Europäescher Communautéit gedroe ginn. Lëtzebuerg kann op fräiwëlleger Basis Programmer a Projete matfinanzéieren. De Statsbudget, an hei si mer nach an der Logik vun deem alen Accord, gesäit fir e puer Joer Contributioune vu 35.453 Euro fir d'Organisation internationale des bois tropicaux vir.

Bei der zweeter Fro goung et ëm d'Representatioun vu Lëtzebuerg am Conseil international des bois tropicaux. Bis elo war Lëtzebuerg net direkt doranner vertrueden, well eis belsch Frënn sech ëm deen Dossier gekëmmert hunn. An Zukunft ënnert deem neien Accord ass dat net méi de Fall. Den Dossier läit elo an der Hand vun der Administration de la nature et des forêts. Lëtzebuerg wäert en plus och um Niveau vum EU-Conseil matschwätzen, well deen Accord betrëfft souwuel national wéi och communautär Kompetenzen.

An als leschte Punkt goung et ëm d'Zuel vun de Stëmmen, déi Lëtzebuerg an deem Conseil international des bois tropicaux kréie wäert. Den Accord seet heizou, dass all Konsumentestat mindestens zéng Basisstëmmen huet, an dat, wat dobäikënnt, hänkt vum Volumen un, wéi vill Holz e Land importéiert. Well den Accord awer nach net a Kraaft ass, gouf dës Rechnung nach net gemaach. Déi zoustänneg Autoritéite ginn awer dovunner aus, dass Lëtzebuerg tëschent zéng an zwielef Stëmme wäert hunn.

Ech erënneren och nach drun, dass d'Produzentestaten, genau wéi d'Konsumenten, jeeweils am Ganzen dausend Stëmmen zegutt hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Ech soen dem Här Angel Merci, an als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Mergen agedroen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Mergen *(CSV).-* Merci villmools, Här President. Ech géif wëllen, am Numm vun der CSV-Fraktioun, dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport an deem wichtegen Thema, wou mer jo da mussen hoffen, dass ausserhalb vun deem Accord nach eng Rei aner Mechanisme wierksam ginn.

M. le Président.- Dann ass agedroen d'Madame Polfer.

Mme Lydie Polfer *(DP).-* Här President, ech wëll och den Accord vu menger Fraktioun bréngen an dem Rapporteur Merci soe fir souwuel säi schréftleche wéi och mëndleche Bericht. Ech mengen, en huet souwuel op déi positiv Säiten, awer eben och nach op déi puer Schwaachstelle vun deem Accord higewisen. An ech mengen dat Bescht, wat ee ka maachen, ass keng Nofro no deem Holz hunn. Dat kënne mer alleguerten op deene verschiddene Plazen, wou mer Responsabilitéiten hunn. An an deem Sënn, mengen ech, kënne mer am beschten hëllefen, datt déi Konventioun hei an d'Praxis ëmgesat gëtt. Wéi gesot, mir ënnerstëtzen deen heite Projet.

M. le Président.- Merci, Madame Polfer. Den Här Braz.

M. Félix Braz *(déi gréng).-* Här President, mir wëlle vläicht zwee Wuert nach méi zu dësem Projet soen. Fir d'éischt wëll ech awer dem Här Angel Merci soe fir ee vu senge ganz ville Rapporten, déi hien an dëser Chamber an och net nëmmen hei scho gemaach huet. Och deen heite war komplett an huet korrekt dat erëmginn, wat an der Kommissioun gesot ginn ass.

Ech wëll just e puer Zuelen nach eng Kéier rappeléieren, fir op d'Bedeitung hinzeweise vun der Déforestatioun op eisem Planéit. Et ginn all Joers ronn 13 Milliounen ha Bëscher um Planéit ofgeholzt. Dovu si sechs Milliounen ha Primärbëscher. Dat si gewalteg Zuelen an déi bréngen och mat sech, dass, Schätzungen no, déi Déforestatioun responsabel wier fir ëm 20 oder souguer méi Prozenter vun eise Problemer mam Klimawandel. Et ass also direkt de Lien hierzestellen tëschent den Effortë géint d'Déforestatioun an den Efforten, déi ee kéint ënnerhuelen, fir de Klimawandel um Planéit besser an de Grëff ze kréien.

Vun deem ganzen Holz, wat weltwäit gehandelt gëtt, si Schätzunge vun der FAO no knapp 8% nëmmen iwwerhaapt an engem Label mat dran, a 5% nëmmen an engem Label, deen och mat Nohaltegkeet ze dinn huet. 95% vum ganzen Holz, wat gehae gëtt, huet also mat Nohaltegkeet net vill ze dinn, bei deenen enorme Quantitéiten, déi all Joers gehae ginn. Dat muss een och ganz kloer soen, dass déi dote Form vu weltwäitem Holzhandel en direkten Impakt huet op déi Leit, déi an deene Länner liewen, wou Holz gewonne gëtt. An et huet och en direkten Impakt op d'finanziell Situatioun vun deene Länner. Wat méi Holz illegal gehae gëtt, wat déi Länner, déi an aller Regel schonn net déi meeschte Ressourcen hunn, och nach praktesch guer net un deem Gewënn kënne participéieren, deen awer mat hirer Matière première weltwäit realiséiert gëtt.

Den Accord - an den Här Angel huet dat och scho gesot - ass sécher keen Accord, deen op all de Punkte gutt wier, an ech wäert och nach kuerz dorop agoen, mä ech mengen awer trotzdeem, dass et wichteg war, dass et zu engem Accord komm ass, och wann et nëmmen e lückenhaften Accord war. Wier et net zu engem Accord komm, wier et also zu guer kengem Text, zu guer kenger Konventioun komm, ech mengen, dat wier dat beschte Signal gewiescht, wat déi Leit gäre gesinn hätten, déi weltwäit un deem illegalen a rücksichtslosen Holzhandel profitéieren. Dat wier fir d'international Communautéit eigentlech eng Failliteerklärung gewiescht, wa guer keen Accord dobäi erauskomm wier. Duerfir muss een awer - mengen ech - festhalen, dass et positiv ass, dass et iwwerhaapt zu engem Accord komm ass.

Deen Accord ass awer, eiser Meenung no, ganz staark lückenhaft, an et wier gutt, wann deen Accord elo ganz séier géif an eng nei Négociatiounsronn kënne goen. A mir mengen, dass déi Europäesch Unioun, an notamment d'Kommissioun, do e wichtege Rôle ka spillen. Och op enger Rei vun aneren Dossiere fënnt een déi Thematik vum Holzhandel erëm, a mir mengen, dass d'Europäesch Kommissioun op deem doten Dossier méi kéint maache wéi dat, wat se bis elo gemaach huet.

Wichteg ass dobäi, dass een déi lokal Communautéiten an déi lokal Populatiounen, do wou d'Holz gewonne gëtt, wierklech probéiert, aktiv anzebezéien. Wann et net nëmmen zu engem Dialog um Niveau vun de Regierunge kënnt, mä wann ee sech aktiv beméit, fir och aner Interlocuteuren um Dësch ze hunn, notamment wéi gesot déi lokal Communautéiten, déi och hir territorial Rechter musse kënne verteidegen, ouni dat gëtt d'Ofholze vun de Bëscher, och vun de primären Tropebëscher, mat dem grousse Bagger ongehënnert gemaach. A mir sollen net e passiven Teilnehmer sinn dorun, mä mir sollen eis aktiv beméien, als Europäesch Unioun, déi Leit do zu méi Rechter kënnen ze encouragéieren an deenen och do derbäi zur Säit stoen.

Mir kënnen och an eise Politike vun de Marchés publics méi maache wéi dat, wat mer elo maachen, sief et um nationalen Niveau, sief et och um kommunalen Niveau. Och do sinn eng ganz Partie Verbesserungen, déi eiser Meenung no kënne gemaach ginn, fir kloerzemaachen, dass déi Hölzer, déi gewonne ginn an déi hei verschafft ginn, e legalen Ursprong hunn an och en Ursprong, dee sech am Kader vun der Nohaltegkeet beweegt.

D'Europäesch Kommissioun ass schonn eng Kéier vum Europaparlament opgefuerdert ginn, eng Initiative législative - fir awer deen Ausdrock ze gebrauchen - an Europa op de Wee ze bréngen, wou ganz